

ESCHER GEMENGEROT



Séance du Conseil communal du
vendredi 11 décembre 2009

Musée national de la Résistance

place de la Résistance (place du Brill) Esch-sur-Alzette
ouvert du mercredi au dimanche de 15h00 à 19h00 - entrée gratuite
téléphone: 54 84 72 / 691 169 111 mail: musee@villeesch.lu

NOUVEAU: **traduction des textes en portugais**



EXPOSITION **TRIANGLE ROUGE**

du

26.02.2010

au

11.04.2010

vernissage 25.02.2010 à 18h30



www.musee-resistance.lu

Invitation aux musées:

Porte-ouverte (visites et ateliers)
les 26, 27 et 28 mars 2010

Le vendredi, 26.3.2010 :

de 14h00 à 18h00, entrée libre, **visites guidées** gratuites à 14h30 et à 16h00 (L, F ou D, en fonction du groupe)

Le samedi, 27.3.2010 :

de 14h00 à 18h00, entrée libre, **visites guidées** gratuites à 14h30 et à 16h00 (L, F ou D, en fonction du groupe), **atelier créatif** gratuit pour jeunes de 14h00 à 18h00

Le dimanche, 28.3.2010 :

de 14h00 à 18h00, entrée libre, **visites guidées** gratuites à 14h30 et à 16h00 (L, F ou D, en fonction du groupe), **atelier créatif** gratuit pour jeunes de 14h00 à 18h00



Conseillers présents:


M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Conseillers absents:

M. Jean Huss – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz

Ordre du jour

	Page
1. Correspondance	4
2. Budget rectifié 2009 et budget de l'exercice 2010; présentation	4
3. Devis pour l'exercice 2010; présentation	4
4. Ecole Brill:	10
a) Phase II, 2e vote; décision	
b) Devis supplémentaire; décision	
5. Kulturfabrik: convention entre l'État luxembourgeois et la Ville d'Esch; décision	12
6. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage); décision	13
7. Montres en or; décision	13
8. Surré: vente de 200 actions; décision	13
9. Règlement-taxe relatif au prix de l'eau: adaptation; décision	14
10. Règlement relatif à l'introduction d'une allocation de compensation à la consommation: adaptation; décision	14
11. Crédit spécial; décision	28
12. Ecole en forêt: taxe de location; décision	28
13. Autorisation d'ester en justice: non paiement de loyer; décision	29
14. Contrats de bail; décision	29
15. Subsidés ordinaires 2009; décision	29
16. Subsidés extraordinaires; décision	29
17. Impôt foncier: relevé et rôle principal pour l'exercice 2009; décision	30
18. Transactions immobilières; décision	30
19. Plan de gestion des forêts pour l'exercice 2010; décision	31
20. Commissions consultatives: modifications; décision	31
21. Service pour jeunes: avenant à la convention 2009; décision	31
22. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision	32
Résumé en français de la séance du Conseil Communal du 11 décembre 2009	27
Froen un de Schäfferot	39
Annexes au Budget	41



Sëtzung vum Escher Gemengerot Freideg, den 11. Dezember 2009

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Sou, schéine gudde Moien. Léif Kolleginnen a Kollegen, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt agangs déi puer Membere vum Schäffen- a Gemengerot entschëllegen déi krank gemellt sinn an hinnen alleguerten eng gutt Besserung wënschen. An dann, well ech gesinn um Bléck vum Här Gemengesekretär, dass dat elo usteet, den Appel nominal.

1. Correspondance**2. Budget rectificé 2009 et budget de l'exercice 2010; présentation****3. Devis pour l'exercice 2010; présentation**

Sou, mir géingen dann direkt mat der Presentatioun vum Budget ufänken. Eist Budgetsdokument dréit dëst Joer den Titel „Noutwendeg investéieren – Zukunft schafen – Esch stäerken“ an am Laf vun der Presentatioun erkläre mer och, firwat mer déi Ausso maachen an och maache wëllen. Dir kënnt lech erënneren am Joer 2006 war et déi leschte Kéier wou mir hei am Haus fir eis Gemeng en Emprunt hu missten ophuelen. A wann ech soen ophuelen, da soen ech haaptsächlech zéien, well mir komme jo seelen domat aus fir keen Emprunt zumindest als Equilibrempunt an eisem Budget anzuschreiwien. Mä dat heescht am Kloertext elo véier Joer ouni nei Verscholdung. Déi visichteg an och zukunftsorientéiert Finanz- an Investitiounspolitik erlaabt eis et haut, wou mer jo wëssen, dass eist Land eng ganz schwiereg Phas ass amgang ze duerchliewen, als Stad Esch nach ëmmer kënnen déi noutwendeg Ustrengungen ze maachen, fir eis Zukunft ze gestalten a virun allem an d'Zukunft vun eiser Stad ze investéieren. Trotzdem wëlle mir net maache wéi wann et net och op lokalem Plang noutwendeg wier, fir deene geännerte Rahmbedingunge Rechnung ze droen. Mir sinn der Meenung, dass mir och als Gemeng müssen der Tatsaach Rechnung droen, dass mer am Moment, als Land an och als Gemengen eng schwiereg Phas duerchliewen. Dat ëmsou méi, opgrond vun der bekannter Tatsaach, dass e Groussdeel vun den uerdentleche Recettë vun der Gemeng iwwert de staatleche Verdeelerschlëssel zougedeelt gëtt. Dir wësst d'Gewerbsteier, d'Dotation communale an deen natierlech ass fir d'Gemengen an direkter Ofhängegkeet zu der staatlecher Recettësituatioun, déi sech definéiert iwwert dat internationaalt Wirtschaftsemfeld.

Fir d' Stad Esch belafe sech am aktuelle Budgetsentwurf déi Mannerrecetten, déi mir musse veranschlagen opgrond vun de Circulären déi eis zougestalt ginn, aus eben deem staatlechen Dëppen, dee sech aus Fonds communal de dotation financière a Gewerbesteier zesummesetzt, fir dat lafend an dat kommend Budgetsjoer op insgesamt 6,3 Milliounen. Dat si fir d' Stad Esch ganz vill Suen. Dat brauch ech lech hei net ze soen. Mir hunn do de Verglach gemaach mam Kontesjoer 2008, well et ass jo an de Konte wou d'Wouerecht steet. Mir erënneren eis un d' Budgetsjoer 2005, wou d' lëtzebuerger Gemenge scho bal alleguerten deemools en empfindleche Réckgang hate misste verzechnen a fir d' Stad Esch hunn dat deemools 3,2 Milliounen vis-à-vis vum Budget initial gemaach. Dat waren och deemools scho vill Suen an esou wéi an deenen anere Gemengen och, hunn déi Mannerrecetten natierlech iwwer Joere Spueren hannerlooss an och d' Gläichgewicht vun deenen uerdentlechen Dépensen a Recettë belaauscht.

Mir wëllen direkt agangs – an Dir hutt dat am Laf vun lafende Joer gemierkt, duerch déi Astellungspolitik déi mir hei bedriwwen hunn an dat gëllt och fir d' Joren 2008 an och scho fir 2007 – dass mir hei an eiser Gemeng d' Noutwendegkeet haten, eis Administration communale, déi mir als moderne Dénsgschleeschungsbetrib fir d' Bierger ugesinn, strukturell, personell a fachlech kontinuéierlech weider op- an auszebauen. Mir hunn och all Kéiers d' Noutwendegkeet dovunner erklärt. Dat erklärt och firwat d' Personalkäschten dëst Joer am Budgetsentwurf 2010 mat engem Undeel vu 54,81% vun den uerdentleche Gesamtdépensen dee wichtigste Posten duerstellen. Dës Investitiounen an d' menschlech Aarbechtskraaft heesche fir d' Escher Populatioun e Plus un héichwäertegen Dénsgschleeschungen, méi Proximitéit zum Bierger an och zousätzlechen Knowhow dee mir a ganz ville Beräicher brauchen. Ech wëll hei nëmmen als Beispill deen ugestriefte Finanzmanagement mat enger analytescher Comptabilitéit nennen an en transparente Finanz-Monitoring wou mer natierlech och d' Finanzkommissioun wëllen dran abezéien. Ech hat och d' Geleeënheet dat e Mëttwoch an der Finanzkommissioun scho mat op de Wee ze huelen am Kader vum Budget an och am Hibleck op e professionelle Pluriannuel, deen dann och tatsächlech als Instrument ka mat genotzt gi vun enger Budgetsgesamtplanung.

Dee fachlechen Knowhow an déi Noutwendegkeet fir zousätzlechen Knowhow an d' Gemeng hei eran ze kréien, gëllt och fir déi nohalteg Entwécklung vun der neier Universitätsstad Esch an och vun deene Quartieren déi dorunner hänken. Ech denken haaptsächlech un de Quartier Belval, mä ech denken awer och un eise Wunnquartier Nonnewisen, deen an direkter Proximitéit zum Belval an der Zukunft seng wichteg Roll ze spille kritt. Ech denken un eis Stad-, Economie- a Sozialentwécklung, ech denken un eise Stadkär, ech denken un eise Commerce, wou mer d' Obligatioun hu fir mat eisem neie Geschäftsverband zesummen, an och mat deene Leit déi mir an der Gemeng hu fir ronderëm deem Thema ze dréien – ech rappeléiere just, dass mer niewent eisem Finanzeconomist, deen och haut bei eis ass, och an deene vergaangene Wochen nach e Poste geschaaft hunn oder virun e puer Méint besser gesot, mir hunn d' Persoun recrutéiert fir en Economist fir de Volet Expansion économique, dat sinn einfach wichteg Recrutement fir ronderëm déi Themen zousätzlechen Knowhow an eis Gemeng eran ze kréien – also fir och am Commerce nei Perspektive fir den Handelszentrum Esch ze erschléissen.

An dat gëllt natierlech och fir de City-Management Esch-Belval-Suessem, wou et haaptsächlech drëm geet fir et ze erlaben, dass déi dräi Polen, déi mir hei zu Esch hunn, nämlech de gewuessene Geschäftszentrum, de Lallenger Geschäftszentrum mat deem zukünftege Centre commercial deen nei do gebaut gëtt, plus den neie Quartier Belval, wou jo och de Commerce eng wichteg Roll spillt, wéi mer déi kënne gescheit matenee connectéieren a wichteg Perspektive fir all eenzelne vun deenen dräi Polen erschléissen.

Deen Knowhow brauche mer och fir déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht. Heiansdo wësse mer se guer net méi all auswendeg opzezielen, déi vill Beräicher an deene mir als Gemeng aktiv sinn. Deen zukünftege GECT, Groupement européen de coopération territoriale, wou mer mat eisen Nopeschgemengen zesumme schaffen, oder och de LELA+ op deen ech herno nach ze schwätze kommen oder och déi nei Perspektive ronderëm d' Ecocité um franséische Belval. All dat musse mir als Stad Esch fachlech begleeden an deem musse mir och an eiser Recrutementpolitik Rechnung droen. Oder och de Parc transfrontalier Terres Rouges mam Sentiers Terres Rouges oder och am Zesummenhang mat eisem Asaz am Prosud

fir d'Gesamtregioun. Dat fir e bëssen de Kader ze skizzéieren an deem mir hei zu Esch eis entwéckelen a wéi mir natierlech och eis Equipen an de Gemengen, déi eng formidabel Aarbecht an all deene Beräicher leeschten, wéi mir och eis Equipe kontinuierlech mat zousätzlech fachlech Knowhow musen opstocken.

All Joer op en Neits wa mer de Gesamtkader vum Budget hei skizzéieren, da schwätze mer vun där weiderhin enomer Prioritéit vun de Schoulen a vun der Ganzdaagsbetreiung wou Nohuelbedarf besteet, fir souwuel déi schoulesch Infrastrukture wéi och déi sozio-educative Begleitstrukturen an hire personelle Bedierfnesser opzestocken. Den Investitionsschwéierpunkt Schoulen, d'Maisons Relais, d'Ganzdaagsbetreiung, d'Fräizäitaktivitéiten a Förderprogrammer fir Kanner a jugendlech Leit, fënnt dofir op en Neits säin Nidderschlag souwuel am Budget ordinaire wéi och am Budget extraordinaire. Wat op en Neits de politesche Wëllen erëmispigelt, eise jonken Escher déi beschtméiglech Startméiglechkeeten unzëbidden. Mir begrëissen an deem Zesummenhang ausdrécklech, dass mir, an och hei hu mer vill misste kämpfen, mëttlerweil an eisen ausseruerdentlechen Dépenses eng staatlech Participatioun vun 41% bei der Erschléissung vun neiem Schoulraum dierfen androen. Bei der neier Schoul Nonnewisen erhéicht sech dee Pourcentage opgrond vun der paralleler Schafung vun neiem Wunnraum an deem genannte Quartier op 50%.

Trotzdem fanne mir et eng flagrant Ongerechtgheet, dass eng ganz Rëtsch vu Land- a Wunnegemenge bei eis zum Deel eng 100% teg Bedeelegung vu Säite vum Stat beim Bau vun hire neie Schoulen erhalen. Dat ouni, dass se iergendwellech regional Aufgabefelder oder Handlungsberäicher kéinte geltend maachen. Mir vergënnen hinnen déi 100%, wa mir der och 100% hätten. Mir sinn der Meenung, dass se schnellstméiglech, esou wéi dat och am Regieringssaccord festgehale gouf, d'Kritäre bei der Attributioun vu staatleche Subsidien – an dat gëllt net nëmme fir d'Schoulen, awer ganz besonnesch fir d'Schoulen – transparent an novollzéibar offe geluegt ginn. Ech wëll doropper hiweisen, dass déi Subsidien déi mir kréien oft eréischt mat deelweis jorelaanger Verspéidung un d'Gemengen ausbezuelt ginn, wat dann am Kloertext heescht, dass Gemengen déi souwisou schon eng ugespaante Finanzsituatioun hunn, iwwer Joere mussen e

Prefinanzement maachen, wat natierlech hir budgetär Situatioun hypothekéiert. Wa mer am Zesummenhang mat de Schoulen déi dote Situatioun net transparent an novollzéibar deblockéiert kréien, dann entsteet ëmmer méi e grouse Gruef tëschent de schouleschen Offere vun de Gemengen am urbane Raum, also an de grëssere Stied a virun allem am Süde vum Land an deenen déi mat Spëtzeleeschtungen a Spëtzegebaier am ländleche Raum kënnen hire Populatiounen den absolute Maximum bidden, wat mer hinne wéi gesot, vergënnen, mä et misst iwwerall de Fall sinn.

An deem Zesummenhang wëlle mer, a mer maachen et och all Kéiers bei der Budgets-presentatioun, drop hiweisen, dass eng Territorialreform, wéi se jo vun der leschter Regierung entaméiert gouf, fir eis ouni eng Gemeengefinanzreform net denkbar an net machbar ass. Déi zwou sinn ontrennbar matenee verbonden. D'Gemengesyndikat Syvicol kënnt mëttlerweil ganz Publikatiounen, ganz Sammelbänder erausginn, mat deene ville Recommandatiounen déi si iwwer Joren un d'Regierung gemaach hu fir hir Propositionen fir d'Gemengen op den Instanzewee ze ginn. Leider bis elo ouni iergendee Resultat. Weder wat de Verdeelerschlüssel ubelaangt nach wat d'Ännerung vun de Prinzipie vun der Distributioun vun de staatleche Gelder un d'Gemengen ugeet.

Ech wëll och an deem Zesummenhang drun erënneren, dass mir och schon e puermol hei als Stad Esch eis Mataarbecht am nationale Conseil supérieur des finances communales ugebueden hu wou mir als Stad Esch nach ëmmer net vertrauede sinn. Dat ass net richtig; mä mir hunn awer leider nach ëmmer keng Äntwert doropper kritt a mir hunn och nach ëmmer keng Informatiounen iwwert d'Zesummesetzung vun deem Gremium an där neier Regierungsperiod. An och dat Gremium erschénkt eis als äusserst reformbedürfteg an ass a senger Zesummesetzung a Funktionsweis alles aneschters wéi transparent. Dat ass net richtig an dat hëlleft de Gemengen och net weider bei de Viraarbechten zu hirem Budget an et hëlleft hinnen iwwerhaapt net weider wa se hir pluriannuel Planung maachen. Et gëtt ganz oft gesot, wéi wann et d'Gemenge wieren déi hei hir Aarbecht net géinge maachen, vu dass mir eng vun deenen eenzege Gemenge sinn déi e Pluriannuel a regelméissegem Ofstänn virleeën, fille mir eis do net betraff. Mä virun allem mussen mir och mat fabelen Donnéeën

vum Intérieur kënnen eis Pluriannuellen opstelle wat leider nach ëmmer net de Fall ass.

Och an deem Zesummenhang nach eng Kéier drun erënnert, an dat gouf jo och an deem neie Regieringssaccord bekräftegt, dass mer dräi national Entwécklungspolen hunn: d'Stad Lëtzebuerg mat der Zentrumsregioun, d'Nordstad an Esch mat der Südregioun. An déi dräi Entwécklungspolen hunn natierlech och besonnesch Aufgaben. Dofir hu mer och an der Vergaangenheet scho méi wéi eng Kéier verlaangt, an ech ka mech erënneren, ëmmer unanime, do hunn d'Parteien alleguerte matgemaach, dass endlech den nationale Verdeelerschlüssel, de regionale Responsabilitéiten a Missiounen muss Rechnung droe wat fir eis net oder bal net, am Moment, de Fall ass an natierlech der Stad Esch grouss Problemer bereet. Dat ëmsou méi wéi d'Partnergemengen Esch a Suessem mat deem gemeinsame Standuert Belval eng droent Roll an där nationaler Konstellatioun spillen, souwuel aus landesplanerescher Siicht wéi och am Hibleck op d'Entwécklung vun engem nationale Wirtschafts- an Entwécklungspol an der ganzer Südregioun. Dat kënnt dem ganze Land zegutt, mä et kann net sinn, dass d'Laascht, déi begleetend Laascht dofir ganz eleng bei de Gemengen an hire kommunale Kompetenze läit.

Strategesch Partnerschaften fir en neit Wirtschaftsstandbeen ass e Stéchwuert wat mer kuerz nach eng Kéier wëilten opgräifen. Ze begrëissen ass wierklech an deem Zesummenhang, dass déi nei Regierung un hirer Astellung zum Modell-Projet Belval an och der domat verbonnener Dezentraliséierung vu wichtege staatlechen Infrastrukture festgehalten huet an deklaréiert huet, dass Belval weiderhin e Projet d'ordre de priorité nationale ass. Dat ass elo ëmsou wichteg, dass och d'Fransousen, wahrscheinlech och well déi nei Regierung déi Attitude erëm no bausse gedroen huet op en Neits, dass och d'franséisch Regierung dem Projet Belval d'Priorité nationale als engem vun dräi franséische Projeten zougedeelt huet. Et ginn Dosende vu Projeten Ecocité mä et gëtt nëmme dräi Projeten déi eng Opération d'intérêt national attribuéiert kritt hunn an dat gëllt fir de Projet Belval. Hei kënnen dann déi zwou Regierungen Hand an Hand matenee schaffen.

Wa mer Belval nennen, da schwätze mer och ëmmer vun der Universitéit déi natierlech eng Lokomotivfonctioun an deem ganze Projet huet an déi verschidden Ausrichtung vum der Universitéit kommen dem Bestriewe vun der Südregioun a virun allem der Stad Esch zegutt, an hirem Wonsch fir endlech no Jorzénge wou mer op déi dote Chance waarden, en neit wirtschaftlecht Standbee fir eis Regioun a fir d'Land opzebauen an domat mëttel- a laangfristeg nei Wirtschaftsaktivitéite kënnen unzéien, ausbauen an, well dat bleift jo ëmmer eis grouss Prioritéit, zousätzlech Aarbechtsplaze schafen.

Och zesumme mat der d'Stad Tréier si mir amgaangen aktiv un der Wirtschaftsentwécklung ze schaffen. Ech erënnere dorunner, dass mer e gemeinsame Wirtschaftspark konzipiéiert hunn, den Trilux, deen als grenziwwerschreidende Wirtschaftsprojekt europäesch Fördergelder bewëllegt kritt a mat Partner wéi d'Universitéit, Agora, den CRP Tudor, awer och den Economies- an de Fuerschungsministère op innovativ Aart a Weis Synergie kann uviséieren. Dat zum Beispill am Gesondheetssecteur, de fusionéierte CHEM steet hei als Partner bereet. An de Beräicher Bauen, Design a Wunnen, wat traditionell e ganz wichtegt Thema hei zu Esch ass, ëmsou méi ganz vill Planungs-, Ingenieur- an Architektbüro hei hire Siège hunn. An och am Spannungsfeld Wëssenschaft, Fuerschung, Technologie an hei si mir jo predestinéiert fir eng Roll ze spillen, well mir hunn den Technoport Schlassgaart an eise Zentrum schon zënter Joren etabliert an doduerch dass mir Seniorpartner vun deem CRP Tudor sinn, konnte mir och an der Vergaangenheet iwwert déi Kontakter déi mir do geknäppt hunn an iwwert deen Knowhow, deen op där Plaz entstanen eis, eis mat hinnen zesumme positionéieren.

Grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht, dat hu mer an deene vergaangene Joren ëmmer méi konnten ervirsträchen, gëtt ëmmer méi wichteg. Virun allem gëllt et och hei fir net nëmmen nei Betriber unzezeien, mä och déi ze fidéliséieren déi schon do sinn. Dat kënne mer net oft genuch soen. Mir mussen déi Betriber déi mer hunn esou behandeln, dass se Intérêt hu fir weider an eiser Stad an am Süden ze investéieren a virun allem wichteg Synergien sichen, net nëmme mat eise Partnerstad Tréier, mä iwwert d'Grenzen ewech mat alle Partner déi sech erginn. Eng interessant Zesummenaarbecht ergëtt sech net nëmme mat der Universitéit a mat den

effentleche Fuerschungszentren déi sech hei etabliieren, mä och mam Syndikat ZARE, wou ënner anerem nei Piste konnte fonnt ginn um Standuert Sommet fir Biotechnologie oder och der zukünftiger Pépinière d'entreprises vum Wirtschaftsministère op der Héichuewenterrass wéi och mat der Entwicklungsgesellschaft AGORA déi e Science Park fir Fuerschung a Biomedezin um Standuert Belval plangen.

Och am Gemengesyndikat Prosud spillen d'Universitéit an d'Fuerschung eng wichteg Roll fir den Iwwergang an d'Wëssensgesellschaft ze preparéieren an natierlech den Opschwong an eiser Regioun aktiv ze begleeden. Ech wëll just un Aktiounen wéi d'ROBOTEC oder SudTEC erënnere wou honnerte vu Klasse kënne sech familiariséieren mat den Theme Fuerschung, Innovation. An iwwer kleng Spiller an Aarbechtsgruppen, zum Beispill, kënne Robotere bauen oder léiere wéi Energie fonctionnéiert a wéi een an deem Secteur kann aktiv ginn. Dat ass eng onheemlech flott Saach an dat weist och wéi ee ka mat deenen, déi vläicht soss net viséiert gi wann ee grouss Science Park a grouse Fuerschungsprogrammer schwätzt, wéi een eben déi jonk Leit kann als Acteuren, als aktiv Acteure vun där Wëssensgesellschaft hëllefen erunzezeien an dat schaaft natierlech eng Dynamik op déi mir wëllen hei an der Regioun opbauen.

Mat der wirtschaftlecher, kultureller a sozialer Opwärtung vun deene gréissere Stied beschäftegt sech de Stietverbond LELA+. Do schaffe mer zesumme mat eise Stater Kollegen awer och mat Lonkech, Arel, Metz an Thionville. A mir fonctionnéieren do e bësse wéi en Think tank a verschiddenen Aarbechtsgruppen an hei gi konkret Virschléi ausgeschafft. An der Kommunikatioun zum Beispill hu mer Reseau geluegt déi der Universitéit et erlaben a Kontakt ze trieden iwwert eis städtesch Reseau mat de Reseauen iwwert d'Grenze vun Esch ewech. Dat ware just e puer Kilometer Netzer, Reseauen déi gefeelt hunn, an déi awer esou vill bewierken an der Zukunft, wann d'Uni hei etabliert ass oder och an de Beräicher Mobilitéit an Transport, Kultur an Tourismus oder och Wirtschaftsentwécklung insgesamt. Hei ass eng enorm flott a wichteg Zesummenaarbecht entstanen.

Insgesamt huet déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht ënnert dem Impuls vun der Stad Esch eng nei Dimensioun erhalen. Et war nach ëmmer e Schwéierpunkt vun eis,

mä esou vill Synergie wéi mer am Moment hunn, hate mer nach ni a se waren och nach ni esou wichteg wéi elo. Dir kënnt lech erënnere, virun e puer Méint hate mer scho fir déi zweete Kéier, des Kéier zu Réiseng op franséischer Säit, e grenziwwerschreidende Gemengerot deen eis och hëlleft eis eiser Idee vum GECT méi no ze kommen an 2010 wäert dee GECT och definitiv créiert ginn. Dat ass, wéi ech dat schon d'Éinescht gesot hunn, de Groupement européen de coopération territoriale, mat eisen Nopeschgemenge Suessem, Schëffleng Monnerech an eise siwe Partnergemengen déi sech an der Communauté de Communes Pays Haut Val d'Alzette zesumme geschloss hunn, erëm e Stéck méi no. Grenziwwerschreidend a grenziwwerschreidend Partnerschaften si fir d'Zukunft vun der Universitéitsstad Esch onerlässlech a fir d'wirtschaftlech Entwécklung vun der gesamter Südregioun eng Grundvoraussetzung. Déi sozial a kulturell Diversitéit huet ëmmer de Räichtum vun eiser Stad uitgemaach a mir brauchen och iwwert d'Grenze vun Esch e Géigestéck an der grousser Regioun fir och do glafwierdeg kënnen duerstellen, dass mir eng Plusvalue schafen an deem mir zesumme schaffen, an dass am Alldaagsliewe vun deene Mënschen déi an eiser Regioun liewe sech Verbesserungen erziele loosse.

Eng zukunftsorientéiert a resolut nohaltege orientéiert Stad-, Wirtschafts- a Sozialentwécklung berout fir eis hei op zwee Standbeener. Éischtens, dem Bestriewen dem Bierger en Héchstmooss u Liewensqualitéit ze erméiglechen. An zweetens, dem Beméie mat enger vorsichtiger a wäitsichtiger Finanzplanung Fundamenter fir d'zukünftig Generatiounen ze schafen. Well dat muss mer ëmmer am Hannerkapp behalen. Mir schaffen oder net méi eleng just fir eis, mä virun allem fir d'zukünftig Generatiounen. Obwuel den Entworf vum Budget, deen lech elo virläit der ugespaanter wirtschaftlecher Gesamttag an der ongewësser Recettésituatioun an de kommende Jore Rechnung dréit, spigelt och de Budget 2010 eendeiteg de politesche Wellen erëm, en héichwäertegen Investitiounsprogramm fir d'Zukunft vun eiser Stad virzeleeden.

Mir géingen lech dann déi budgetär Eckdaten am Iwwerbléck duerstellen. Se sinn och hei iwwersichtlech virgeluegt, duerfir géinge mer net elo an all Detail goen, mä fir 2009, de rectificéierte Budget 2009, schlësse mir of mat engem Gesamtboni vun 3,5 Milliounen. Dat ass propper. Dat ass e propperen Ofschluss

3. Devis pour l'exercice 2010; présentation

vun 2009 an hei gesi mer erëm, dass déi Schéier tëscht uerdentlechen Dépensen an uerdentleche Recetten, déi ëmmer ganz spatz ass an déi ëmmer eis Suerge mécht bei der Presentatioun vum Initial, an dozou komme mer elo direkt, dass déi Schéier meeschtens opgefaange gëtt, op alle Fall war et hei zu Esch an der Vergaangeneheet ëmmer esou, opgefaange gëtt mat engem propperen Iwwerschoss wou mir eise Rectifié kënnen ofschléissen. An déi Situatioun spigelt sech herno, an dat ass dann déi eigentlech Wourecht, och ëmmer an de Konten zréck. Also de Rectifié 2009 schlësse mer of mat 3,5 Milliounen.

Mir kommen dann zum Joer 2010. Mir hunn eng Recettësituatioun vun 118 Milliounen an eng Dépensësituatioun vun 114 Milliounen virgesinn, wouraus sech e Boni am uerdentleche Budget vu 4 Milliounen ergëtt, vu ronn 4 Milliounen. Op dëser Plaz wëll ech drop hiweisen, dass de Schäfferot dëst Joer haart dru geschafft huet, fir ze probéieren den Dépensen, den ordinären Dépensëbudget, propper kënnen duerzestellen. Mir hu festgestallt, dass am Iwwergang vum Budgetsjoer 2008 op 2009 an zum Deel scho vun 2007 op 2008, eis Fonctionnementskäschtchen ze vill an d'Luucht gaange sinn. Mir hunn dofir mat Hëllef vun eise Servicer zesummen, an ech muss soen, all Servicer hu gehollef an all Servicer hu matgemaach, probéiert, do wou et gaangen ass, eis uerdentlech Dépensë wat d'Fonctionnementer ubelaangt – do sinn net d'Personalkäschtchen dobäi, dat wëll ech hei däitlech soen, mä do sinn esou Saachen dobäi wéi Mobilier oder Publikatiounen oder Kopien oder, den Train train vun eis alleguerten all dat wat mer hei an der Gemeng schaffen, et sinn Déngschtreesen dobäi, Frais de représentation dobäi – dass mer do probéiert hunn 2010 zréck ze schrauwen op dee fir eis verträgliche Mooss vun 2008. An dat war och noutwendeg et kann net sinn, dass mer eis ausseruerdentlech Dépensë mat all Euro op d'Wo leeën an da bei allen aneren Dépensen, virun allem wat de Fonctionnement vun eiser Administratioun ubelaangt, deen Exercice net maachen. Dofir spigelen déi Dépensen am uerdentleche Budget vun 114 Milliounen déi doten Iwwerleeunge schon erëm. Dat erlaabt eis fir awer eng propper Situation de départ ze kréien, iert mer bei eisen Extraordinaire kommen. Wa mer dann déi 3,5 Milliounen huelen déi mer elo grad erwirgestrach hunn, wéi mer an 2009 am Rectifié ofgeschloss hunn, dann

hu mer e Gesamtboni vu 75 Milliounen als Point de départ, wéi gesot iert mer bei den Extraordinaire ginn.

Extraordinaire, wa mer d'Joer 2009 mat 3,5 Milliounen ofschléissen, da wësse mer, dass mer zwar wuel e propper Resultat hunn, mä mir hunn awer bei eisen Dépenses extraordinaires am Rectifié nach ëmmer ze héich gegriff. Dat ass eng Diskussioun, déi mer all Joer op en Neits mat eise Servicer féieren. De Rectifié soll jo eigentlech dofir do sinn, fir mat sengen ausseruerdentlechen Dépensen e Bilan ze zéien an ze kucken, wat hu mer bis elo engagéiert? Wat kréie mer nach verschafft bis Mäerz/Abrëll? Wat kréie mer net méi verschafft? Et ass richtig et bleiwen Inconnuen a mir sinn net eleng Meeschter. Dat ass absolut richtig. Mir hänken ëmmer un Autorisationsprozeduren. Mir hänken ëmmer u Wiederkonditiounen, Intempéries hunn eis schon oft e Stréch duerch d'Rechnung gemaach. Mä awer, de Wanter kënnt all Joer, an awer hu mer déiselwecht Situatioun, dass mer erëm 2009 eis ausseruerdentlech Dépensen nach ëmmer bei 43 Milliounen leien hunn. Mir haten en Initial vu 44 Milliounen, Dir kënnt lech erënneren 2009. Dat ass nach ëmmer ze héich an déi Sue kréie mer net all verschafft. Mir soen et hei all Kéiers, eise Réalisé läit bei ronn 75%, wat spektakulär ass. Dat ass enorm gutt. Et gesäit ee wat geschafft gëtt, mä se leien ni bei 100% a mir hätten eigentlech kënnen déi doten Dépensen nach weider erofschrauwen, mä dat war net méiglech. Do si wierklech ze vill Inconnuen dran an do hëllef eis dee Finanzmonitoring mat deem mer elo amgaange sinn, wou mer zu all Moment kënne kucke wéi eng Suen engagéiert sinn, wéi den Utilisé ass, wou mer mat wéi engen Aarbechten dru sinn, dat hëllef eis am nächste Joer enorm an dat hëllef eis dann och am nächste Joer fir vläicht eng aner Situation de départ ze hu wa mer eisen ausseruerdentleche Budget amgaange sinn opzestellen. Dat hu mer op all Fall wëlles.

Fin mot ass awer deen, dass mer e propper Point de départ hu fir den ausseruerdentleche Budget 2010 opzestellen, an dat erlaabt eis och, trotz deene Mindereinnahme fir d'Joer 2009 an 2010 vu 6,3 Milliounen, ech wëll dat nach eng Kéier hei erwirsträchen, och dës Kéier nees héichbleiwend Dépensen, Investitioun an der Héicht vun 42,5 Milliounen kënnen 2010 ze maachen. Also, nach eng Kéier resuméiert, mir haten 2009 en Initial vu 44 Milliounen, Dépensëbudget. Mir hunn e Rectifié vu 43 Milliounen 2009, a mir kënnen

eis et erlaben 2010 nach ëmmer héichwäerteg Dépensen an enger Envergure vun 42,5 Milliounen anzuschreiwen.

Doraus ergëtt sech natierlech e Malus vu 72 Milliounen an doraus ergëtt sech och d'Obligatioun fir en Emprunt anzusetze vun 19,9 Milliounen. Dat ass a priori en héijen Emprunt a mir ginn dovunner aus, dass mer wahrscheinlech ronn en Drëttel vun deem Emprunt och tatsächlech wäerten 2010 mussen zéien. Dat heescht, den Emprunt dee mer 2010 mussen zéien, beleeft sech op ongeféier däiselwechter Héicht wéi mer 2010 accumuliert Mindereinnahme vu Säite vum Stat hunn. Also, déi Mindereinnahme muss mir wahrscheinlech 2010 kompenséieren mat engem Emprunt, dee mer a wahrscheinlech däiselwechter Gréisstenuerdnung mussen opzéien. Aschreiw muss mer awer en Emprunt vun 19,9 Milliounen fir eben en Equiliber ze garantéieren a mir landen da bei engem Iwwerschoss Enn 2010 vu geschätzten 309.000 Euro. Woubäi mer awer och do nees e Rééquilibrage kënnen virhuele wa mer un de Rectifié 2010 eruginn.

Dir wësst et hei alleguerten, all Emprunt bedéngt eng räiflech Iwwerleeung, dat ass keen Exercice deen ee spillen mécht. E bedéngt ëmmer eng räiflech Iwwerleeung, mä wat hei erwirzesträchen ass, ass, dass d'Stad Esch 2010 d'Méiglechkeet huet, trotz ugespaanter Wirtschaftssituatioun am ganze Land, iwwerhaupt en Emprunt virzehuelen. Well eis Situatioun eis et erlaabt, well mer d'Annuitéite kënnen opréngen, well soss géinge mer de Budget guer net approvouéiert kréie vum Intérieur, a well mer an der Vergaangeneheet eng virsichteg Finanzpolitik bedriwwen hunn. Wéi gesot, véier Joer laang keen Emprunt opgeholl. A mir sinn eigentlech ganz stolz dorop, dass mir eis iwwert déi ganz Joren, trotz deem héijen Investitiounsvolumen, eleng 2007 bis 2009, wou mer wierklech eng Spëtzt vun Investitiounen haten, dass mir eis eis Kreditfäegkeet erhalen hunn. Ech mengen, dat ass wichteg hei erwirzesträchen. An eigentlech heescht dat ënnert dem Strich, eis gemeinsam Ustrengung, well mer hunn all Joer nees drop higewisen, eis gemeinsam Ustrengunge vu gëschter maache sech haut an der Kris bezuelt. Dat ass, mengen ech, eng vun deene wichtegsten Aussoen déi mir am Zesammenhang mam Budget ze maachen hunn. A mir hunn lech hei och nach eng Rei vun Donnéeën matgeléiwert. Mir erënneren drun, dass den Inneministère all Kéiers op en Neits a senge Circulaire recommandéiert fir net

iwwer 20% ze goen, wat d'Scholdebelaaschtung dierf ausmaache vis-à-vis vun den uerdentleche Recetten. Ma mir leie knapps bei 5% hei zu Esch. Dat wëllt net heeschen, dass déi 5% Spillgezei sinn, absolut net, mä et heescht einfach, dass mir hei eng ganz raisonnabel Approche hunn a wäit ewech si vun enger Hypothék déi mer den nofolgende Generatiounen géingen hannerloossen.

Zum aktuellen Zäitpunkt ass natierlech net ofzeschätze wéi schnell sech déi momentan Finanzlag wäert besseren. Et gëtt souguer erwaart, dass sech d'Situatioun 2011 fir d'Gemenge weider wäert verschlechteren. Mir hunn dowéinst drop verzicht fir an de Joren 2009 an 2010 un eis Reserven ze goen, woubäi ee bei eis zu Esch ëmmer muss Reserve relativéieren. Dir hutt et alleguerten an deene leschte Wochen an Deeg matkritt: wann eng Rei vu Gemengen déi ech alleguerten hei net wëll nennen, mä et si meeschtens keng gréisser Gemengen a scho guer net aus dem Süden dobäi, wa Gemengen zum Deel aus hire Reservé kënnen schöpfen ouni obligéiert ze sinn Emprunten opzehuelen, dann ass dat absolut net vergläichbar mat der Situatioun vun der Stad Esch. Déi Mouk déi mir ugeluegt hunn vu ronn 4 Milliounen, dat ass eng kleng Mouk mä si ass do a si erlaabt eis an deenen nächste Joren, wann d'Situatioun sech weider degradiert, fir drop zrëck ze gräifen. Eigentlech ass et jo eng pervers Situatioun, dass déi eng Gemenge kënnen enorm Reserven accumuléieren, zum Deel nëmme well se duerch Zoufall eng wirtschaftlech Aktivitéit hunn, déi enorm vill ofwerft, ouni dass se iergendwellech regional Obligatiounen hätten. An aner Gemenge sinn obligéiert sech verscholden ze goe fir iwwerhaupt hire Budget an den Equiliber ze kréien. Dat ass net richtig esou, mä dat ass awer just eng Widderhuelung vun deem wat mer hei Joer fir Joer ëmmer erëm betounen.

Wéi och an deene leschte Joren ëmmer erëm betount, hunn d'Gemenge selwer natierlech ze wéineg eege Recettquellen an hunn eng onheemlech staark Ofhängegkeet vun de Finanzmëttele vun der Stat, wat et ëmmer méi schwéier mécht fir d'Missiounen vun de Bierger ze erfëllen a fir och déi vill Aufgaben, déi kontinuierlech dobäi komme fir d'Gemengen, wou mir net ëmmer de Fanger erausstrecke fir se ze kréien, mä fir déi och an Zukunft alleguerte finanziert ze kréien. De Fin mot ass deen, dass den Escher Schäfferot och an

Zukunft wäert drëm beméit si fir weider eng visirtegt an ëmsirtegt Finanzpolitik ze bedreiwen.

Elo awer d'Investitiounsschwéierpunkte am lwwerbléck. Bei deenen 42,5 Milliounen déi mir 2010 fir Esch investéieren an zu engem ganz groussen Deel och realiséieren, ass ee groussen Investitiounsschwéierpunkt d'Wunnen. E bilt den héchsten Ausgabeposten 2010. Do sinn natierlech déi kontinuierlech Renovatiounsaarbechten un eisen eegene Gemengewinnungen dobäi. Ech wëll rappeléieren, dass mir déi Stad sinn déi proportional gesinn déi meeschten eege Gemengewinnungen am Land hunn. Dat ass net näischt an awer zousätzlech dozou nei Wunnenge schaaft. Mir hunn eleng 2010, wann ech mech richtig erënneren, e Poste vu bal 1,5 Millioun drastoe fir nei Sozialwunnungen ze bauen. Wat ee sollt erwisträichen, also 10% vum Wunnbudget fléisst an d'Schafung vu reng nei Sozialwunnungen déi der Stad Esch dann och herno gehéieren. An de Rescht geet zu engem ganz groussen Deel an eisen neie Wunnquartier Nonnewisen. Zënter Jorzéngten ass dat eng Première. Och dat wëll ech hei betounen. Zënter Jorzéngten tritt d'Stad Esch éischtmoleg erëm als Bauhär an Erscheinung an des Kéier an enger an eisen Ae virbildlecher Partnerschaft mam Fonds du Logement an eise Bauteschaffen deen do all d'Detailer regelméisseg ëmmer erëm opstellt, weess, wéi schwéier et an den heitegen Zäiten ass fir als Bauhär opzetriede fir neie Wunnraum ze schafen. Mä an deem Fall si mir an enger Partnerschaft ganz aktiv an dat féiert dozou, dass de Wunnprojet Nonnewisen am Joer 2010 a seng aktiv Phas, och vu Säite vun der Gemeng, wäert trieden. De Fong ass jo schon amgang ze bauen a mir schléissen eis dann deenen Aktivitéiten 2010 un. A vu dass dat e ganz flotte Projet ass, si mer och ganz frou, dass mer dee kënnen realiséieren. Insgesamt stinn am Budget 2010 10,3 Milliounen. Dat si 24% vun allen ausseruerdentleche Gesamtdépensen déi fir d'Schafung vun neiem Wunnraum ausgewise sinn.

Bal deeselwechte Montant, op e puer honnert Dausend Euro près, bal deeselwechte Montant, also och bal deeselwechte Pourcentage ass fir d'Schoulen do. Dat ass also eenditegt eis zweet grouss Prioritéit. 22% vun eise Gesamtdépensen, also bal 10 Milliounen, fléissen an eis Schoulen, an eis Ganzdaagsbetrieung Maisons Relais, d'Schoulsécherheet. Obfällg ass, dass niewent der neier Schoul Nonnewisen, déi natierlech elo hiren décke

fetten Investitiounsposten ermëfent am 2010 Budget, an nieft der Ëmsetzung vum Projet Brillschoul, wou mer all Joer ganz héich Investitiounsposten an eise Budget hunn, an nieft dem Ausbau an dem Accueil vun der Lallengerschoul, do hu mer virun e puer Wochen de Grondstee geluegt, an nieft natierlech dem Accueil Jean Jaurès, dass mer och un der Brouchschoul des Kéier eis Aarbechte souwuel an e Gesamtpackage erapaake wéi och mat den Aarbechten ukommen. Dat ass, mengen ech, fir déi Schoul, déi an deene vergaangene Joren zwar ëmmer mat erduerch geholl ginn ass, mä awer elo wierklech hir eegent globaalt Renovatiounskonzept kritt, enorm wichtig. An dofir kann een elo an engem Otemzuch d'Brouchschoul och nennen zesumme mat der Nonnewiseschoul, mat der Brillschoul, mat der Lallengerschoul, mam Jean Jaurès a mat der Dellhéih, wou mer natierlech kontinuierlech och 2010 weider déi engagéiert Renovatiounsaarbechte virhuelen.

Gläichzäitg awer, an dat ass och elo erëm en Novum, bal all Budgetsjoer hu mir eng nei Schoul an eise Budget an dohier och éineschters deen Excurs do iwwer d'Finanzéierung vun de Schoulen hei am Land. Bal all Budgetsjoer huet d'Stad Esch eng nei Schoul, vun deene villen Accueilen, Maisons Relais guer net ze schwätzen. An déi nei Schoul wou mer elo 2010 d'Planungsarbechte virgesinn hunn a wëlles hunn nach virum Summer hei an de Conseil domat ze kommen, dat heescht mir maachen en Appel de candidature, dat gëtt elo alles entaméiert. Mir hunn eng nei Schoul am Zentrum virgesinn an déi nei Schoul déi dréit sech ronderëm den Trio, et ass eis näischt Besseres agefall, den Trio „Ale Lycée – Alt Pompjeeshaus – Papillon“. Déi dräi Siten, also souwuel den Ale Lycée wéi och dat alt Pompjeeshaus vis-à-vis vum Jousefskierfecht wéi och deen neie Projet beim Papillon, ginn allen dräi net duer fir eng komplett Schoul op engem vun deene Standuerten ze errichten. Mä déi dräi regroupéiert erlaben eis, fir eng nei Schoul ze konzipiéieren matten am Zentrum mat dräi Siten, déi mat mini Distanzen ënnerene connectéiert sinn. Dat ass also eist Zil fir matten am Zentrum, an ech kucken dat besuergte Gesicht vun eise Schoulschaffen, deen natierlech näischt léiwer héiert wéi ze wëssen, dass do wou déi meescht Bevëlkerungen, déi meescht Leit vun der Bevëlkerungszuel bäikommen, nieft natierlech deenen neie Quartiere Belval an Nonnewisen déi an

3. Devis pour l'exercice 2010; présentation

der Planung sinn, mä déi meescht Leit plënneren an den Zentrumsquartier bäi an dofir imposéiert sech och d'Kreatioun vun neiem Schoulraum virranging am Zentrum.

Den drëtten Investitiounsschwéierpunkt, dat ass dee wou eigentlech oft manner Punkten domat ze sammele sinn, wann och nach. Dat sinn eis Infrastrukturen déi ënnert dem Buedem leien. Mir verfügen iwwert onheemlech performant Déifbauinfrastrukturen hei zu Esch. Dat gëllt insgesamt och fir eis Reseauen. Mir hunn onheemlech performant Reseauen hei zu Esch. Ma dat kënnt net vun Zoufall. Dat kënnt dohier, dass deen heite Schäfferot an och schonn déi virrecht Schäfferéit, dat soll ee roueg hei soen, och schonn déi virrecht Schäfferéit kontinuéierlech enorm Zommen investéiert hunn an den Déifbau. An eis Reseauen, an eise Kanal an insgesamt an eis Infrastrukturen. Dat ass fir eis en enorm wichtege Investitiounsschwéierpunkt. Dat soll een och mol eng Kéier hei soen a wann ee se regroupéiert, wann ee se zesumme schléisst also esouwuel d'Beräicher Voirie wéi och Services industriels, wat mer fir dësen Exercice gemaach hunn, da sinn dat 12,4 Milliounen. Da wieren dat also déi meeschte Suen déi doranner géinge fléissen, wann een déi eenzel Secteure géing regroupéieren. Do falen och d'Stroosseninfrastrukturen dobäi a mir sinn net op de Wee gaangen, wéi vläicht déi eng oder aner Gemengen et géinge maachen, mä mir sinn net op de Wee gaange fir elo ze soen, majo dann investéiere mer elo manner an eis Stroosseninfrastrukturen. Ech mengen d'Leit si ganz sensibel doropper wéi eis Stroossen hei zu Esch ausgesinn a mir wëssen och, dass duerno Nohuelbedarf zu Esch ass. Deen Nohuelbedarf ass schonn éiweg do. Dat ass och net einfach a mir hunn dofir parallel zu deene kompletten Equipementer vun eise Stroossen, also wéi mir et ëmmer nennen, la totale, souwuel Déifbau, Reseauen, Elektresch, Kanal an esou weider, wou mer dann d'Gesamtinvestitioun virgesinn, hu mir e ganz wichtege Poste Revêtementer virgesinn déi eis dann erlaben déi Stroossen déi während e puer Joer net wäerten dru kommen, fir déi awer mat engem proppere Belag esou a Stand ze setzen, dass déi Escher awer gesinn, dass kontinuéierlech an hir Stroossen investéiert gëtt. Well wa mer nämlech la Totale maache bei eenzelne Stroossen, dann dauert et zum Deel Jore bis se fäerdeg sinn. Et si Schwierigkeete wat d'Circulatiounen an den Accès ubelaangt an

d'Leit mierken d'Resultat net dans l'immédiat an dofir sinn och ganz vill Revêtementer virgesinn.

Ervirzsträichen ass awer och well et en décke Posten ass vu 500.000 Euro, eise Parkleitsystem, deen elo 2010 a seng Ëmsetzungsphas geet. Mir hunn deen Engagement hei geholl, mir hunn et schonn ugekënnegt wou mer eise Parking ënnert der Stadshausplatz a Betrib geholl hunn a mir hunn et versprach am Hibleck op Enn 2010 wou eise Parking Brill fäerdeg gëtt, dass dann déi zwee Parkhaiser mat deene scho bestoende Parkhaiser um Boulevard Kennedy an dee vum Spidol, dass déi integréiert ginn an e Gesamtparkleitsystem wou dann och eis Signalisatioun mat muss verbessert ginn, fir dass och kee méi eis ka soen: Ech sinn op Esch komm an ech wollt an d'Uelzchtstrooss goen an ech woussst net, dass de Boulevard Kennedy 50 Meter vun der Uelzchtstrooss ewech ass. Dat sinn esou Saachen déi gëllen an der Zukunft net méi. Déi gëlle bei den Escher Leit scho laang net méi, well déi wësse wou hir Parkhaiser leien, mä déi gëllen dann och fir eis Visiteuren net méi, well dann hu mer dee Parkleitsystem. An och d'Dateniwwerdroung vum Parkleitsystem déi gëtt iwwert eisen Escher Wifi-System virgehall. Stéchwuert HotCity. An dofir ass deen Ausbau 2010 net nëmmen eng Noutwendegkeet mä eigentlech fir eis och eng wichtege Zukunftsinvestitioun, Stéchwuert Universitéit, Dir wësst jo vu wat mer schwätzen.

All de Rescht kann ech bal soen, all de Rescht vun deenen 42,5 Milliounen sinn eigentlech noutwendeg Investitiounen an de Wirtschafts- an Universitätsstanduert Esch. Well et ass jo awer eent vun eisen Haaptuleies, dass mir eis wëlle positionéieren als Wirtschaftsstanduert an och als zukünfteg Universitätsstad. Dir fannt op ganz ville Posten, mir hu se hei guer net all opgezielt, konsequent d'Schaffung vu Wunraum fir d'Studenten, kann ee vläicht hei, well dat elo déi sinn déi eis nach an där beschter Erënnerung sinn, well mer schonn hei driwwer geschwat hunn, St. Henri oder Viaduc, dat si Studentewunnengen déi do geschaaft ginn. Dat ass natierlech e ganz wichtege Deel vun eise Aktiounsplang Universitéit, deen elo wou mer och eng Persoun hunn déi sech ronderëm d'Auer kann em d'Universitéit, em de Commerce, em d'Wirtschaftsexpansioun, em Relations transfrontalières bekëmmern, an deenen nächste Méint eisen Aktiounsplang wäerte bilanzéieren an och ergänzen duerch déi eenzel Beräicher déi schonn dran ugeduecht sinn. Also ëmmer

erëm Wirtschafts- a Sozialentwécklung Urbanismus a Mobilitéit plus déi aner Elementer déi dobäi kommen, wéi zum Beispill déi kulturell Offer, déi mer natierlech och un deen zukünftege sech ännerende Public mussen upassen, vun deenen anere Beräicher hei guer net ze schwätzen.

Fir eis ass Kultur, fir dat Stéchwuert opzegraifen, och e Wirtschaftsfaktor an en eendeitege Standuertvirdeel. Dofir kann een ëmmer erëm drun erënneren, dass mer Enn 2010 eisen Theater renovéiert hunn, deen zäitgläich mat eise Parking dann operationell ass. An och wéi wichtege et war, an dat hu mer jo och hei am Gemengerot scho geschwat, d'Casa d'Italia an direkter Noperschaft zum Theater kënne ze kafen. Dat ass e ganz héichwäertegen Noper mat enger Maison de la culture et de la musique déi mer do kënne schafen, déi eisen Theater do kritt, an dat bréngt eis eise Idee vun engem Carré culturel Brill ëmmer méi no, mam Musée de la Résistance, mat eise Jugendhaus, mat eise "Am Hannerkapp-Projet" vu Bibliothék-Médiathék an direkter Noperschaft. Mä ech wëll awer och ganz däitlech soen, wann ee seet, mir hunn och zum Deel Sacrifice gemaach, da muss se och iergendwou hierkommen. Mir hätten dat och fantastesch fonnt, wa mir hätte kënne eng Millioun fir d'Casa d'Italia 2010 an de Budget setzen. Mir hätten dat och fantastesch fonnt, wa mir hätte kënne fir d'Villa Mousset méi wéi 200.000 Euro drasetzen an eise Budget. Mir hätten dat fantastesch fonnt. Mir hunn elo 200.000 Euro dran, dat erlaabt eis d'Villa Mousset bezugsfäerdeg ze maachen an d'Sanitäre an d'Heizung ze ersetzen. Eng Millioun wier nach besser gewiescht. Mir fänken elo un an der Casa d'Italia. Dat erlaabt eis eise Harmonie municipale Perspektiven ze gi fir kënne ze plënnere vum Stadhaus an d'Casa d'Italia, well se do Konditiounen virfanne wäert déi enger Harmonie municipale wéi mir se hu würdeg ass. Eng Millioun wier nach besser gewiescht. Dann hätte mer och deen Transfert vun deene Veräiner, déi zum Deel nach a Kellere vu Schoule sinn, oder och an anere Gebailechkeete wou se net ënnerbruecht si wéi se missten, oder déi iwwerhaupt nach kee Raum hunn hei zu Esch, dann hätte mer dat schonn alles kënne plangen. Dat konnte mer net maachen. Et kann een net alles maachen. 42,5 Milliounen si ganz vill Suen, mä si ginn awer net duer fir alles dat ze maache wat mer kéinten oder wéilte maachen.

Ech wëll awer och am Zesummenhang mat der Kultur drop hiweisen, dass mer och wäerten Assises culturelles maachen, nieft den Assises sociales, ass dat ganz wichteg fir all d'Acteuren, mir hunn der hei zu Esch enorm vill, an der Kultur zesummen ze bréngen a fir Konzepter ze entwéckelen, notamment och fir d'Villa Mousset a fir d'Casa d'Italia. A fir ze kucken do e bëssen och e Fonctionnement unzedenken, wéi déi eenzel kënnen zesumme schaffen. Dat war jo och e Wonsch deen hei vum Gemengerot ausgesprach gi war. Schonn zum Deel iert mer iwwerhaapt d'Casa d'Italia haten, dass mer do och konzeptuell musse schaffen, an hei kréie mer da wierklech vun alle Leit déi zu Esch an der Kultur aktiv sinn, Pisten ausgewisen, déi mir da kënnen opgräifen als Schäfferot. Dat schéngt eis wierklech wichteg ze sinn, och fir méi breet gefächert a méi zielgruppenorientéiert Kulturoffere virzugesinn, Stéchwuert Universitéit.

Mir wollten lech dann och déi gutt Nouvelle mat op de Wee ginn. A mir si frou, datt mer dofir och e Posten am Budget virgesinn hunn, dee wahrscheinlech net duer wäert goe fir dat direkt ze entaméieren. Mä da musse mer vläicht en cours de route, wa mer de Rectifié am Abrëll nach eng Kéier ënnert d'Lupp huelen ... Mä mir hu genuch virgesinn, fir d'Etuden ze entaméieren, well mir hu gëschter vum Tourismusministère eng positiv Äntwert kriit fir eis Jugendherberg. Am Résumé heescht dat, d'Stadt Esch wäert an deenen nächste Joren tëscht der Gare an der neier Passerelle eng Jugendherberg kréien, um Site vun der aler Busgare an zwar no engem Konzept vun engem Urban Youth Hostel wéi et der am Ausland vill gëtt an hei am Land nach iwwerhaapt net. Dat heescht, dat ass eng Jugendherberg déi eng urban Orientéierung kriit, wou een an direkter Noperschaft vun eisem Haaptéchangeur de mobilité ass. Dat heescht, déi jonk Leit sinn do wou net nëmmen eppes lass ass, mä si sinn do wou all d'Weeër an all Richtunge féieren, op eise Gaalgebierg a Richtung Terres Rouges, op d'Uni, an den Zentrum vun Esch, bei eis Geschäfte, do wou eppes lass ass, an eisen zukünftege Carré culturel op der Brillplaz. Dat ass eng formidabel Saach an ech wëllt hei vun der Geleeënheet profitéieren, fir der neier Tourismusministesch, der Madame Hetto, Merci ze soen, dass si eis gëschter zougeséichert huet, dass mir am Plan quinquennal mat der Escher Jugendherberg integréiert ginn, wat eis dann erlaabt, mindestens 50%

Participatioun ze kréien. A wa mer et fäerdeg kréie fir auszewiesen, dass déi Jugendherberg eng regional oder souguer national Ausrichtung kriit, da kënnen mer souguer bis zu 70% Participatioun kréien. Ech mengen, mat deem Rayonnement international, dee mir mat der Universitéit kréien, a mat deene ville Mobilitétsuferderungen, déi eng Envergure nationale hunn, déi mir elo besser kënnen duerch eis nei Busgare an eis Passerelle erfëllen, wäert et eis net schwéier falen, fir ze beweisen, dass déi Jugendherberg natierlech méi wéi just lokale Charakter huet. Hei si mer wierklech frou, dass no méintelaangen Ustrengeunge mer elo kënnen op de Wee goe vun engem Detailplang an och schonn elo Gespréicher ufänke mat all deenen, déi interesséiert sinn a virun allem och wichteg Synergie mat der Universitéit undenken, well hei ass et zum Beispill denkbar, dass déi, déi just während e puer Méint un eenzelne Fuersuchsprogrammer oder Aktivitéiten an der Uni Deel huelen an net onbedéngt wëllen oder kënnen an engem Hotel sinn, dass déi dann och kënnen vun där Jugendherberg profitéieren. Dat schéngt eis ganz wichteg. Mä sécher ass elo schonn, dass déi Jugendherberg en enorme Point d'attrait fir Jugenderlecher aus allen Deeler vun der Welt wäert schafen.

Am Hibleck op déi nei Ufuerderungen an Erwaardungen déi net nëmme vu Säite vun de Studenten un eis gestallt ginn, kënnen natierlech deenen neie Servicer Kultur a Jeunesse eng ganz bedeitend Roll zou an zesumme mat deem wierklech gutt restrukturéierte Service des sports a mam Service Enseignement, dee jo elo an nei Raimleckeete kënnen wou en endlech déi Structure virfënn, déi en och als moderne Service Enseignement muss virfannen, mat engem flotten Accueil, wou och Déngschtleeschung um Bierger besser verbessert ka ginn, kënnen si eng wierklech Task force bilden, alleguer zesummen, also souwuel d'Jeunesse, d'Kultur, de Sport an Enseignement fir eigentlech e generatiouns- an nationalitéiteniwwergräifende Pakt fir d'Zukunft vun eiser Stad ze schléissen. Well do geet et jo eigentlech drëm, dass déi véier zesumme schaffen, fir wierklech eppes op de Wee ze ginn, wou all d'Generatiounen an d'Nationalitéite kënnen dovunner profitéieren.

Ofschléissend, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegen, wollt ech Merci soen, dass Dir mer esou laang nogelauschert hutt fir dës Presentatioun vum Budget vu Säite vum Schäfferot. Mir wäerten och weiderhin mat all

deenen zesumme schaffen déi wëlle mat eis zesumme schaffen a mir wäerten och all Méiglechkeeten notze fir eng offensiv, proaktiv an engagéiert Investitiounspolitik weider ze féieren, esou wéi mer dat och an deene leschte Jore probéiert hu fir d'Liewensbedingunge vun den Escher Biergerinnen a Bierger kontinuierlech ze verbesseren a fir virun allem ëmmer erëm ze soen, dass et eis drëm geet fir d'Zukunft fir kommend Generatiounen aktiv virzubereeden. Et ass richteg 2010 gëtt e schwieregt Joer, mä mir sinn awer prett a mir wëllen dat hei och mat dësem Dokument ënnermaueren. Mir si prett. Eis Unerkennung gëllt natierlech all deenen, virun allem all deenen Escher, déi duerch hiren Asaz an hir Ënnerstützung an och hiert Verständnis heiansdo, gi mer gären zou, dozou bäidroen, dass mer weiderhin de Courage behalen, allegueren, mir heibannen als Décideuren, de Courage behale fir weider no vir ze kucken an domat eis Stad Esch fir d'Zukunft ze stäerken.

E ganz ofschléissende Merci awer, an dat ass net dee mannsten, dee gëllt och dëst Joer erëm eise waasser- a krisefestem Budgetsteam ronderëm den Teamchef Solange Ecker, mat eisem neien Economist dee mëttlerweil e Partner ginn ass, de Claude Fleming, deen och haut hei ass, an och all déi déi ronderëm dat Dokument an dem Budget matgedroen hunn, natierlech all Servicer, awer och de Lux Schloesser, de Jean-Paul Schmit an all deenen, déi eis bei der Opstellung vum Budget oder dësem Dokument tatkräfteg konstruktiv an natierlech bis an den Owend eran da gehollef hunn, e grouse Merci, oui lech wier dat alles net méiglech gewiescht.

An domat ass dës Presentatioun ofgeschloss. D'Diskussioun an de Vote vum Budget sinn an enger Woch, den 18. Dezember.

4. Ecole Brill:

a) Phase II: 2e vote; décision

b) Devis supplémentaire; décision

Da géinge mer weider mam Rescht vum Ordre du jour maachen an da geet dat iwwergangslos un eise Bauteschafften an hie gräift dann ee Stéchwuert op, wat Partie intégrante vun der Budgets-presentatioun war, dat ass eis Brillschoul am Gesamtkonzept. An do gi mer haut an d'Phas 2 mam zweete Vote an engem Devis supplémentaire.

Här Hinterscheid.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter. Virdu vläicht nach eng Informatioun. Beim Punkt 2 steet 'Présentation des devis'. Mir hunn nach net all Devise fäerdeg vun den Travauxen, déi sinn amgaang gedréckt ze ginn an déi kréien d'Conseillere da fir de Méindeg mam Auto heem bruecht. Ech mengen, et sinn net vill nei Devisen, well mer virun allem eis konzentréiert hunn op déi Projeten déi amgaang sinn, wou och schonn d'Devisen do leien, wou d'Etüde gemaach sinn an an den Travaux gëtt nach intensiv dru geschafft. Dir hutt déi virleie vum Services des Eaux, vum Service électrique a vum Eclairage public. Do ass net vill dozou zousätzlech ze soe wéi dass do net vill Neies bäikënnt wat net schonn zejoert an enger pluriannueler Approche an Devise gestëmmt gi war.

Dann elo zum drëtten Punkt, den Devis supplémentaire an den zweete Vote vun eiser Brillschoul vun der Phase 2, dat an deem Gebai wou d'Piscine an den Turnsall dra waren. Dir wësst, dass mer hei och scho geschwat hunn iwwert e Bâtiment modulaire wou d'Klassen temporär ënnerbruecht gi wa mer un deem Gebai schaffen. Deen éischte Vote ass u sämtlech Instanze gaangen. Do si sämtlech Avisen erakomm vun de Ministèren, souwuel vun der Santé wéi vun der Educatioun, wéi all nei Avisen déi een elo brauch och am Kontext vum neie Schoulgesetz. Den Avant-projet, dee war estiméiert ginn op 6,6 Milliounen. Deen hat Dir och schonn d'lescht Joer hei am Kontext vun de Vote vun den Devise beim Budget guttgeheescht. Elo ass den definitive Projet op 7,2 Milliounen an d'Luucht gaangen. Dat kënnt awer essentiellement doduerch well d'Präzisiounen an der Statik stattfonnt hunn. Et hunn op verschidene Plazen Modifikatiounen an der Structure portante vum Gebai misste gemaach ginn. D'Salle multifonctionnelle déi am Sous-sol ass, ass adaptéiert ginn un d'Besoinen vun dem Préscolaire a baussen d'Façade vitrée ass och modifizéiert ginn an un den Inneprogramm ugepasst ginn, fir dass d'Klassen och eng optimal natierlech Belichtung hunn.

A last but not least, trotz Finanzkris, gëtt et awer nach eppes wat ëmmer viru leeft, dat heescht d'Käschten an de Bauindex. An hei ass och eng Adaptatioun un de Bauindex dran. Deen Devis, dee mer elo haut virleien hunn, entsprécht dann deem wéi et och aller Wahrscheinlechkeet, hoffe mer, dann herno fir dee Präis da ka gebaut ginn.

Mir hunn e bësse Verspéidung, well mer Demande-problemer hate mat dem Bâtiment modulaire. Mir kommen dann awer elo termingeméis mat sechs Méint Retard och mat dësem Gebai un. Wat eis awer op déi aner Manéier dann erëm arrangéiert, well mer finalement och mat der Sudgaz elo eens gi sinn. An dat wäerte mer lech an engem nächsten oder iwwernächste Conseil presentéieren, d'Konventioun mat der Sudgaz fir eng Energieinsel do anzerichten, un d'Brillschoul ugedockt, fir souwuel d'Brillschoul wéi fir de ganzen Îlot ronderëm d'Brillschoul, wou mir Propriétaire vu ganz ville groussen energieintensive Gebaier sinn, fir déi dann och do iwwert e Blockheizkraaftwierk ze versueren. Dat ass och elo definitiv a gudden Dicher. Dat gëtt eng Energiezentral vun 2,2 Megawatt fir souwuel d'Schoul wéi den Theater, wéi d'Kierch, wéi d'Casa d'Italia, wéi, wéi, wéi, ... alles wat eis do de près ou de loin gehéiert, domat ze versueren. An do kënne mer eng CO2-Aspuernis vu ronn 80% maache par rapport zu enger lassgekoppelter Energie- an Hätzversuerung. An déi Käschte fir deen zousätzleche Bardage, déi sinn och hei elo scho mat dra virgesinn. A vun dohier ass dat dann net nëmmen um schoultechnesche wou eise Schoulschäfte frou ass, e flotte moderne Projet, mä och um technologeschen an um energietechneschen.

Ech menge parallel ass awer och e Crédit spécial nach ze stëmmen. Dat sinn déi Ajouten déi sech erginn hu vum Gebai wat scho fäerdeg ass. Notamment hunn un der Piscine un der technescher Anlag Modifikatioun misste gemaach ginn, déi initial am Devis vum Architekt net virgesi waren, déi awer sënnvollerweis hu misste gemaach ginn. A mir géingen lech da bieden deem dann och zoustëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): D'Madame Hildgen, den Här Jaerling.

Annette Hildgen (CSV): Merci, Madame Buergermeeschter. Ech mengen dat hei ass jo elo e Punkt deen ass d'lescht Woch mat eriwwe geholl ginn. Selbstverständlech ass d'CSV, stëmme mir dësse Projet. Mir hu just zwou Saache wat eis leet deet, dat ass dass den Haff op eemol vill méi kleng gëtt. A wann Dir den Avis liest deen den Inspekter eraginn huet, den Inspekter vu virun, dee proposéiert fir um éischte Stack eventuell eng Salle de récréation ze maache wou haaptsächlech déi Kleng wann et dobausse reent a stiermt, wou déi sech kënnen ophalen. An entretemps

hunn ech scho verschidden aner nei Schoule gesinn, wou dat virgesinn ass. A mir géifen lech dat un d'Häerz leeë fir dat, quitte datt do vläicht e Klengesall ewech fällt, fir dat virzugesinn, datt och déi Kleng net mussen dann erausgoe an de Knascht a wat absolut net gutt ass fir hir Gesondheet.

Da war och virgesi fir bei déi eenzel Klengesall eventuell eng Toilett bäi ze maachen. Ech mengen dat hutt Dir Gott säi Dank elo fale gelooss, well dat wier vum Sanitären hier, wier dat guer net interessant. Lavaboe si selbstverständlech ganz wichteg an enger Schoul, a mir fannen datt fir de Moment d'Propretéit ronderëm dat aalt Gebai, datt déi ze wënschen iwwereg léist. Dat ass elo e Fait divers, mä mir géifen lech un d'Häerz leeë fir de Gemengeservicer ze soen, datt se, obschonn elo do geschafft gëtt, obschonn datt elo en Zonk ronderëm steet, fir awer ze kucken datt eenegermoossen dat propper ass. Well do ginn all Dag Leit laanscht, et ginn all Dag Kanner laanscht, et ass guer net flott wann do op eemol alles e bëssechen délabréiert ass. Selbstverständlech ass et esou do wou geschafft gëtt, do kënnt Duerchemeen, do kënnt Knascht, do si Maschinnen déi do stinn. Dat ass guer net esou flott. Mä wann een op déi puer Saache géif oppassen, do wiere mer ganz frou.

An absolut ass déi Plaz, déi Spillplaz déi ass bäizebehalen. Net datt mer déi herno missten ewech rationaliséiere well dat wier schued. Si ass jo déi eenzeg Spillplaz iwwerhaapt an deem ganze Brillquartier fir déi Kanner zoustänneg ass. Méi hätte mir heizou net ze soen. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Madame Hildgen. Den Här Jaerling.

Aly Jaerling (Indépendant): Merci, Madame Buergermeeschter. Bon, ech wëll eng generell prinzipiell Bemierkung maachen, dat ass zu den Honoraires bureaux d'études, d'architecte et de contrôle. Dat ass jo awer wahnsinneg héich. An dann awer och mol eng kleng Erklärung zum Prozentsaz vun der TVA. Do schéngt mer awer iergendeppes ... De Prozentsaz vun der TVA als Gemeng dee mer bezuelen. Do schéngt mer awer iergendeppes net an den Normen ze sinn, wéi dat gesetzlech virgesinn ass. Well d'Gemeng bezilt dach keng 12,5% TVA? Oder kënnt Dir mer dat erklären oder hunn ech do eppes falsch gesinn?

Mä op jidde Fall déi Käschten do och iwwer 12% vun Architekten an esou, ech fannen dat wahnsinnig héich an ech froe mech op wat fir enger Basis dass dat berout. Wann Dir mer do mol kënnt eng Erklärung ginn, eng prinzipiell, well dat kënnt jo ëmmer erëm, ëmmer erëm, bei allem wat mer maachen, bei allem wat mer bauen. Do misst een awer eng Kéier kucken ob do net Käschten anzespueere wäeren.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Jaerling. Dann äntwert de Bauteschäffen.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Merci. Bon, Madame Hildgen, den Haff gëtt leider méi kleng. Dat wësse mer. Mir hu missten ofweie wéi mer géingen de Schoulbetrib oprecht erhalen a gläichzäiteg kënnen schaffen an et ass eis leider keng aner Solutioun iwwereg bliwwen wéi déi Bâtiments modulaires an den Haff eran ze setzen, fir dass mer, wéi mer dat och do schonn erkläert hunn, dass mer kënnen mat enger Opération tiroir déi Klassen déi elo an deem neie Gebai, wat awer elo dat schlechtest ass vum Brill, kënnen do erasetzen, dat Gebai sanéieren. Dee Moment, wann déi Klassen zréck ginn, dann ass jo de Bâtiment modulaire eidel, da kënnen mer esou vill Klassen aus deem eeleren Deel vum Brill eriwuer huelen. An et ass nun net méiglech Schoul ze halen an demiewent mam Hilti ze schaffen. Et ass och geféierlech an dat do erlaabt eis eng propper, korrekt Chantiersorganisatioun an aller Sécherheet fir d'Kanner. E gëtt méi kleng de Schoulhaff, mä e bleift awer nach an enger akzeptabler Norm. A fir lech ze berouegen, d'Spillplaz fällt net ewech, déi gëtt déplacéiert. Do wou haut d'Spillplaz ass, kommen d'Kontaineren histoen an d'Spillplaz gëtt méi an d'Mëtt déplacéiert. Mir musse kucken, dass mer mat eise Pompjee och all Accès behalen, dat si mer och mat deenen amgang ze klären an dat ass ganz kloer.

Ech mengen déi aner Suggestiounen déi Dir gemaach hutt, Dir hutt en Deel Suggestiounen gemaach, wou jo och schonn integréiert gi sinn. Dat mat de Lavaboe wat gesot ginn ass, déi Suggestioun fir do e Lokal ze fanne wou d'Kanner net missten erausgoen, dat loosse mer nach eng Kéier préifen, obwuel een do ka gedeelter Meenung sinn. D'Kanner musse sech och mat den Onbille vun der Natur ausenansetzen an dat gehéiert och mol dozou zum normale Prozess fir sech ze

immuniséieren. Ech menge mir kucken dat a mir fannen do sécher eng sënnvoll Léisung am Intérêt vun eise Kanner.

Här Jaerling, ech géif soen: "Ihr Wort in Gottes Ohr". Also, mir kräischen ëmmer wa mer déi héich Pourcentage vun den Honoraire gesinn, mä dat ass nun awer emol op deem baséierend, op där Convention type, op deem Contrat type, deem tëschent dem Ordre des architectes et ingénieurs an dem Ministère de l'Intérieur an dem Stat ausverhandelt ginn ass. An dat sinn absolut normal Tauxen. Et muss een och wëssen, dass dat awer kumulativ ass. Dass dat den Architekt an den Ingénieur, den Haustechniker, de Statiker, d'Sécurité sur les chantiers, all aner Kontrollen dra sinn an da land een do wou ee land. Dir hutt awer eng Fro gestallt vun der TVA. Ech hunn elo nach eng Kéier gekuckt, Dir hutt 12,5% gesot, ech hunn awer hei gesi mir hu 15% TVA an et ass och elo alles am Bau op 15%. Och d'Architektenhonorairen déi vidrun op 12% ware sinn och elo op 15% an ech hunn hei de Projet définitif, den Devis estimatif, et ass alles mat 15% gerechent an ech ginn dann och dovun aus, dass dat richtig ass. Mä do ass nun emol un der Héicht vun den Honorairen, ass net vill ze knëppen, well dat ass dat wat opgrond vum Contrat type deem de Stat mat dem Ordre des architectes négociéiert huet, erauskënn.

Eng aner Reflexioun, wann ee korrekt Honoraire bezilt, däréif een och korrekt Leeschtung verlaangen an dat maache mer och a mir hunn och scho muench engem da Penaltéiten octroyéiert an him och net alles bezuelt.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote. Déi zwee mateneen.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le devis complémentaire au montant de 420.000.- € relatif au projet Ecole du Brill.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le projet définitif au montant de 7200.000.- € relatif à la deuxième phase de la rénovation de l'école du Brill (2e vote).

5. Kulturfabrik: convention entre l'Etat luxembourgeois et la Ville d'Esch; décision

Mir kéimen da bei d'Kultur, dofir kritt eise Kulturschäffen d'Wuert fir d'Konventioun mat der Kulturfabrik ze resuméieren.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Et geet am Fong manner ëm d'Kultur wéi ëm baulech Saachen. Dir wësst, am vileschte Gemengerot hu mer e Poste gestëmmt fir Aarbechten déi musse gemaach ginn an de Gebailechkeete vun der Kulturfabrik. A vu dass mer mam Lëtzebuerger Stat alles dee wat d'Kulturfabrik ueget, souwuel d'Honoraire an d'Gage wéi och d'Fraisen, kréie mer elo hei vum Stat d'Halschent erëm bezuelt. Esou dass ech lech géing bieden, déi Konventioun ze stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention du 30 octobre 2009 signé entre l'Etat luxembourgeois, l'association sans but lucratif « Kulturfabrik » et la Ville d'Esch-sur-Alzette.

6. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage); décision

Sou, mir kéimen dann zum Punkt Questions de personnel, an da geet d'Wuert erëm un de Personalschäffen.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Questions du personnel, dat sinn déi déi mer d'leschte Kéier net méi konnten évacuieren. Also dat ass eigentlech net ganz vill. Dat éischt ass fir am Service industriel e Poste vu Redacteur ze créieren. Ech mengen, mir hunn do Bréiwer virleie vum Direkter vun de Services industriels a vun der Chef comptable. Do ass eng Situatioun déi scho laang esou eng hybrid Situatioun ass wou mer ee Beamten hunn deen e Spagat mécht tëschent deenen zwee Servicer. An dat wëlle mer dann elo definitiv regulariséieren andeem mer dee Poste créieren.

Dann hu mer als zweet e Posten ze créieren an der Carrière vum Ingénieur technicien. Do huet och eisen Direkter vun de Services industriels eis drop higewisen, dass eisen Här Gery Hutmacher elo iergendwann an d'Pensioun geet an dass et dann net onwichtig ass, dass ee säi Successeur awer schonn ageschafft huet, well d'Waasser jo awer e ganz wichtige Dossier ass an an der Zukunft nach ëmmer méi wichtig gëtt. Mir haten och do schonn e puermol ausgeschriwwen fir e Poste vun Expéditionnaire technique. Do hu mer einfach kee Kandidat fonnt deen do den Examen gepackt huet, an de Profil gepasst huet. Dofir proposéiere mer dann och dee Posten ze suppriméieren an dann e Posten als Ingénieur technicien ze créieren, wat dann en Upgrade vun deem Posten ass a wat gläichzäiteg dann och eis déi zousätzlech Kompetenz sécher stellt am Service industriel, am Beräich vum Waasser, wann eisen Här Hutmacher dann an, mengen ech, zwee Joer an déi wuelverdénge Pensioun geet.

Enner Punkt b) hu mer eng Modifikatioun vun engem Contrat de louage vum Här Pascal Hummer, deen elo méi eng héich Tâche kritt am Enseignement primaire an an der Education préscolaire. Ass dat richteg Här Schoulschäffen, wéi ech dat soen? Oder am Enseignement fondamental, wéi dat elo heescht?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Gutt, da kéinte mer d'Vote virhuelen. Et si keng Wuertmeldungen do.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la création et la suppression de postes aux services industriels.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal procède par vote secret et approuve à l'unanimité la modification du contrat de louage de service avec Monsieur Pascal Hummer.

7. Montres en or; décision

Sou, während mer ausziele kënne mer direkt schonn d'Nachzügler vun de gëllen Aueren huelen.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Merci. Mer hunn d'Joer zwee Mataarbechter déi eng gëllen Auer kréien, an zwar den Här Robert Koetz, deen 1988 bei eis komm ass an de Services industriels an dann am Enseignement d'Madame Malou Scheitler, déi Chargé de direction am Enseignement ass.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello –

Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité d'allouer en 2009 une montre en or à Monsieur Koetz Robert et à Madame Scheitler Malou.

8. Surré: vente de 200 actions; décision

Merci, da kéime mer bei de Surré an do ass den Här Schäffen Tonnar eise Vertrieeder an dofir resumiert hien och de Punkt 8.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): Jo, de Surré ass 1988 gegrennt gi gewiescht, dat war fir déi BHKWen déi déi Zäit ugefaangen hunn. Den Här Bisdorff war do ee vun den Haaptresponsabelen. Ech wollt deem mol op dësem Wee hei nach eng Kéier Merci soen. Et ass elo esou, dass nach just ee fonctionnéiert, dat ass deen am Lycée Hubert Clément. An do ass d'Diskussioun opkomm, ob dee Surré nach eng Daseinsberechtigung hätt. Do hunn dann déi Aktionären, dat sinn dräi Banken an e puer Gemengen an de Sudgaz, decidéiert, dass dee Surré net méi néideg wier, d'autant plus wou den Här Hinterscheid schonn d'éinescht gesot huet, dass deen neie BHKW zesumme mam Sudgaz op der Brillplaz gebaut gëtt. An doropshi sinn Diskussiounen komm mat LuxEnergie an déi keeft déi Parten elo op an dee Surré héiert u sech domatter op. Mir haten 8% vun de Parten. Mir kréien do 164.264 Euro. Déi Sue ginn awer investéiert, notamment fir de Réseau, deen d'Gemeng iwwerhëlt, an de Rescht wäert Sudgaz iwwerhuelen am neie BHKW Brillplaz.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Den Här Baum.

Marc Baum (DÉI LÉNK): Jo. Also Här Tonnar mir si verschidde Saachen doranner net kloer. Ech mengen, Dir hutt virdu gesot, dat Surré wéi et Enn vun den 80er Joere gegrennt ginn ass, d'Stad Esch do eng Virreideroll gespilt huet, well et d'Form hat vun enger Economie mixte. Dat heescht datt souwuel privat wéi och öffentlecht Kapital dru bedeelegt war fir an engem zentralen Ëmweltberäich aktiv ze sinn.

Schäfte Félix Braz (DÉI GRÉNG): Fannt Dir dat gutt??

Marc Baum (DÉI LÉNK): Ech hu meng Problemer domatter, datt ze vill Privatkapital ... oder ech hätt mer vläicht eventuell gewënscht, datt och nach vläicht méi effentlecht Kapital dra waren.

Mä, Här Braz, wann Dir mech schonn ënnerbrach hutt, dann däerf ech lech awer zitieren an dësem Fall, nämlech aus engem Gemengerotbericht vun 2005, wou et ëm d'Liberaliséierungsdiagnostik an d'Ëmsetzung vun där hei zu Esch gaangen ass. An do hutt Dir gesot – et ass op däitsch, ech hunn et aus dem Analyteschen erausgeholl: "Wir haben nicht von ungefähr vor einer Weile zum Beispiel das Surré gegründet. Damit waren wir offensiv und am Drücker. Wenn wir das aufgeben würden, befänden wir uns in einem Rückzugsgefecht, das über einige Jahre zu einem langsamen aber sicheren Phase-out unserer Aktivitäten führen würde." Wann ee sech dann ukuckt, ween LuxEnergie ass, un deen déi Aktie verkaaft ginn, da stellt ee fest, datt iwwer 60% vun deem Kapital vu LuxEnergie der Cegebel gehéiert, elo Enovos. An et ass net vun der Hand ze weisen, datt wann d'Escher Gemeng hir Bedeelegung un der Surré u LuxEnergie verkeeft, bedeit dat näischt anescht wéi datt d'Escher Gemeng en Deel vun hirem kommunale Besët an der Energiewirtschaft un Enovos verkeeft. A fir mech stelle sech awer Froen, nämlech, ass et en Deel vun engem méi ëmfaassende Konzept wéi d'Escher Gemeng d'Energiepolitik gesäit? A wéi se se wëll virun dreiwien. A wann dat esou ass, stellen ech dat awer schwéier a Fro. A b), wann dat net esou ass, da froen ech mech, mä firwat d'Escher Gemeng dann net déi 8 Prozent déi se hat, weider behält an déi am Kader vu LuxEnergie do en Deel vun den Aktien huet. Well déi Aktie bréngt jo, dat däerf ech och net vergiessen, all Joer Suen. Ech mengen dëst Joer waren et 7500 ongeféier. Dat si keng astronomesch Zommen, mä dat sinn awer Recetten déi een huet. An, jo, ech maache mäi Vote gär vun den Explikatiounen dozou ofhängeg.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Baum. Dann äntwert den Här Braz. Den Här Tonnar wëllt äntweren.

Schäfte Jean Tonnar (LSAP): Jo, Här Baum. Et ass esou, et ass net dass d'LuxEnergie Demandeur war fir déi hei Operatioun ze maachen, mä et war d'Sudgaz an d'Escher

Gemeng an déi aner Gemengen, well déi Surré absolut keng Daseinsberechtigung huet. Et ware véier BHKWen déi funktionéiert hunn. Dat war am ganzen. An als Rescht bliwwen ass, hunn ech d'ënescht gesot, nach just ee BHKW am Hubert Clément deen och elo 15 oder 20 Joer al ass, an total muss nei gemaach ginn a Fraise mat sech bréngt. Déi eenzeg Recette déi mer haten, an dat däerft Dir am Fong net frou sinn, dat war, dass an der Surré ee Prozent Aktie vu LuxEnergie sinn. An dat waren d'Dividenden dovunner, dat war déi eenzeg Recette. An doropshin hu mer decidéiert, haaptsächlech mat Sudgaz, wa mer nei Aktivitéite géife maachen, dass mer dat da géifen, wann nëmme méiglech, mat der Sudgaz maachen, wou ech och am Büro dra sinn. An dat éischt Beispill hu mer d'ënescht scho gehéiert vum Här Hinterscheid, dee BHKW dee gëtt gemaach vum Sudgaz a mir bezuele just e minimalen Deel vum Reseau an natierlech bezuele mer dann eis Fraisen u Sudgaz, wat de Chauffage, wat de Gas an esou weider kascht. Dat heescht, et geet op eng aner Schinn. Ech sinn elo hei net do fir fir Sudgaz ze schwätzen, mä alles deit drophin, dass Sudgaz och eng Gesellschaft grënnt déi an deen do Milieu erageet. Dat heescht, déi mat BHKWen schafft. Mir hunn do eng nei Demande scho vu Péiteng, mä dat gehéiert elo hei guer net an d'Diskussiounen eran. Mä ech wëll ganz kloer soen, mir waren déi éischt, déi gefrot hu mam Sudgaz fir dat do opzehale well do nëmme Fraisen op eis komm wieren. A wann Dir mech alleguete kennt, da wësst Dir, dass ech kee Verfechter si fir mat Enovos iergendeppes wëllen ze dinn ze hunn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal décide par 13 voix oui et 2 abstentions de céder les 200 actions détenues par la Ville d'Esch-sur-Alzette à LuxEnergie S.A. pour un montant de 164.264.- € .

Ont voté oui: Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Braz, Hinterscheid et Tonnar ainsi que les conseillers Becker, Codello, Hannen, Hildgen, Knaff, Maroldt, Weidig, Wohlfarth et Zwally. Les conseillers Baum et Jaerling se sont abstenus.

9. Règlement-taxe relatif au prix de l'eau: adaptation; décision

10. Règlement relatif à l'introduction d'une allocation de compensation à la consommation: adaptation; décision

Mir kéimen dann zu zwee Punkten déi mer lech wollte proposéiere gemeinsam ze considérieren. An zwar souwuel de Règlement-taxe wéi och de Règlement relatif à l'introduction d'une allocation de compensation, well dat eng gemeinsam Logik muss hunn. An ech ginn dem Ressortschäffen, dem Här Braz, d'Wuert.

Schäfte Félix Braz (DÉI GRÉNG): Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wëll probéieren déi Problematik déi eng ganz wichteg ass, e bëssen ze ëmräissen. Ech wëll och e puer Wuert matsoen zu dem Volet Kanal. De Kolleg Hinterscheid, deen awer u sech zoustänneg ass fir de Kanal, ass awer do wa Froe wieren zum Detail an ech wäert och probéieren zu eise Kompensatiounsmesuren déi normalerweis an de Ressort vun der Madame Spautz falen, déi awer haut net kann hei sinn, well ech dann och déi puer Erklärungen ginn, fir dass mer net dräi verschidde Presentatioune maachen als Schäfferot, mä just eng.

De Punkt deen haut um Ordre du jour steet, ech mengen d'Kolleg vun der Press déi hei sinn, déi maache jo vill Gemengeréit, dat ass fir déi elo, ech wëll net soen en alen Hut, mä si hunn dat hei a ville Gemengeréit schonn an de leschten Deeg an och an den nächsten Deeg nach weider matgemaach déi do Diskussiounen. Déi sinn iwwerall déiselwecht. An an all de Gemengeréit stellt een e bëssen eng Tendenz fest, dass de Schäfferot an d'Majoritéit dann déi Béiss sinn, déi d'Gesetz mussen uwenden an heiansdo verschidder

an der Oppositioun da soen, mir stëmmen dat do awer net mat obwuel et legal verlaangt ass. An aller Regel, mengen ech awer aus deenen Artikelen déi ech gelies hu vun anere Gemengen, dass an deene meeschte Gemengen, mengen ech, d'Diskussiounen awer propper ofgelaf sinn, well och einfach d'Erkenntnis do ass, dass hei e Gesetz ëmgesat gëtt. Ech géing och probéieren lech dofir ze erklären, firwat dass de Schäfferot déi Virschléi mécht déi en haut mécht, an dass mer eis vläicht manner iwwert de Bien fondé vum Gesetz a vun der Direktiv ënnerhalen. Dat kéinte mer natierlech maachen. Do ka jiddwereen nach eng Kéier soen, datt hien eigentlech fénnt, dass déi Direktiv vläicht net gutt ass, an dass dat Gesetz wat gemaach ginn ass net schéin ass an net gutt ass, mä et ass do. D'Gesetz ass do a mir mussen d'Gesetz op den 1. Januar 2010 applizéieren. An dat gëllt an dëser Gesetzgebung wéi bei aneren och, déi muss respektéiert ginn.

Mir hunn zu Esch, déi Dokumenter hutt Dir och, Tariffer bis elo gehat vun enger Kanaltaxe vun 1,22 Euro de m³, an engem Waasserpräis vun 1,76 Euro de m³, dat mécht also zesumme ronn 2,98 woubäi beim Waasser nach 3% TVA dobäi kommen. Also ronn 3 Euro. An dann hu mer eng Rei Uschlosstaxen, Compteurstaxe ginn déi genannt, dat ass am Fong den Deel dee fixe ass bei eiser Waasserpräisgestaltung. Iwwer Land ginn elo, duerch déi legal Obligatioun vun der Käschtedeckung, d'Tariffer an d'Luucht. Et muss een awer och vläicht zum Verständnis nach eng Kéier rappeléieren, dass d'Käschtedeckung schonn do ass. Iwwregens an all de Gemengen. D'Käschtedeckung gëtt et. Aus dem einfache Grond, well all d'Käschten déi ufalen am Waasserberäich och elo scho mussen gedeckt ginn. Et ass net, wéi wann et do géing eng Zauberhand ginn déi et méiglech gemaach hätt, dass en Deel vun de Waasserkäschte vu kengem misste gedroe ginn. Dat eenzegt wat ännert, ass, dass dat vu Käschten, wat sech bis elo opgedeelt ginn ass tëschent de Bierger, déi en Deel gedroen hunn, an dem Gemengebudget, wat jo och d'Bierger sinn, deen deen aneren Deel bäigesteiert huet. An Zukunft wäert de Waasserkäschtepunkt integral vum Bierger direkt zu 100% gedroe ginn an net méi zu engem Deel direkt duerch de Bierger an zum aneren Deel indirekt duerch de Bierger duerch de Gemengebudget. Mä ënnert dem Stréch ass et d'Käschtedeckung elo scho ginn. Et kann een net en Deel vun de Käschten net

droen. Mir mussen se all elo schonn als Escher Bierger droen, iwwert eis direkt Participatioun an iwwert de kommunale Budget, deen da Sue fir deen Zweck affektéiert huet, Suen déi dann net méi fir aner Saachen – Schoulen, Crèchen an esou weider – do sinn.

Vun elo un dréit awer de Bierger déi Fraisen do eleng a mir mussen och dofir eng Rechnung maachen déi sämtlech Fraise vum Kanal a vum Waasser beinhalt. Déi Rechnung déi gëtt och an all de Gemengen d'selwecht gemaach. Et ass net, dass een do Spillraum huet als Gemeng fir ze soen, komm mir huelen dat do mol mat dran an dat do loosse mer sinn, oder huet dat do esou mat dran, dat do huele mer net mat dran. Do gëtt et eng Tabell vum Inneministère, déi kloer seet: folgend Käschtepunkte mussen an där Berechnung dra sinn a si mussen folgendermoossen, mat folgendem Tableau d'amortissement dra stoen. Dat heescht, de Spillraum um Prinzip ass net do. Et muss käschtedeckend vun all de Konsumente gedroe ginn an et muss och déi Käschtedeckung no enger bestëmmter Tabell berechent ginn déi vum Intérieur virgi gëtt. Do ass also kee Spillraum. Dat muss ee kloer an daitlech soen, och wann ee sech dat vläicht géing wënschen. Dee Spillraum deen een huet, dat ass fir bannent deenen Zuelen an deenen diverse Käschtepunkte kënnen ze variéieren. Et kann een dem Gesetz no dräi verschidde Klienttype definéieren. Et kann ee soen, et gëtt privat Ménagen, et gëtt d'Industrie an et gëtt d'Agriculture. Et huet een och Spillraum tëschent de fixe an de variable Käschten, dem Zougang zum System, respektiv dann d'Konsommatioun selwer. Dat ass dee Spillraum deen een huet.

Mir hunn no laangen Iwwerleeungen eis festgeluegt grondsätzlech fir en Tarifikatiounsmodell, dee probéiert, sozialen awer och ekologesche Kritäre Rechnung ze droen. Sozialen, aus zwee Grënn. Engersäits, well mer eng Kompensatioun wëlle maachen. Dat ass am Gesetz ausdrécklech virgesinn. Déi Kompensatioun kenne mer zu Esch awer scho virun dësem Gesetz, well mir contrairement zu deenen anere Gemengen am Land schonn zënter 2006, wou dese Schäfferot en Ëmverdeelungsmodell proposéiert huet, dee Modell do ass legal. Dat wat mir schonn zënter 2006 maachen, ass dat, wat d'Gesetz elo virgesäit. Wat elo, hoffe mer zumindest, och aner Gemenge wäerten imitéieren. Mir hunn also do e Modell deen dofir suert, dass déi Leit déi Hëllef brauchen,

awer nëmmen déi Leit déi Hëllef brauchen, och iwwert e sozialpolitescht Instrument kënne gehollef kréien. Wat awer ophält, doduerch dass d'Waasser net méi subventionéiert gëtt, dat ass dass eng ganz Partie Leit déi et finanziell net brauchen, dass do opgehale gëtt déi ze subventionéiere wa se Waasser konsumméieren.

Deen zweete Grond, firwat dass mer mengen, dass et bei eisen Tariffer eng sozial Komponent huet, ass, dass mer bei der Festleeung tëschent der Fixe-taxe an dem variablen Deel, probéiert hunn et esou auszerichten, dass d'Fixe-taxe geréng gehale gëtt an, dass mer och elo probéiert hunn endlech dofir ze suergen, dass all d'Escher Stéit plus minus déiselwecht Fixe-taxe hunn, well dat war bis elo net de Fall – ech kommen herno nach eng Kéier kuerz drop zréck. Mä probéieren dofir ze suergen, dass all Stot, egal wéi en zesumme gesat ass, déiselwecht Fixe-taxe huet. Do gouf et bis elo relativ grouss Ecarten. An dass déi Fixe-taxe geréng ass, dass mer se niddereg halen. Wa mer géinge bei der Fixe-taxe de reelle Käschtepunkt applizéieren op der Fixe-taxe, da wär se wesentlech méi héich. Da géinge mer éischer bei 40 – 50 Euro pro Joer landen. Dat wollt mer awer net maachen, well mer all der Meenung waren, dass mer léiwer de m³-Präis méi héich hu wéi d'Fixe-taxe. Well mer doduercher éischer deenen entgéint kommen déi mam Waasser vernünfteg oder spuwersam ëmginn, an datt déi, déi ze vill verbrauchen, déi iwwert der Moyenne verbrauchen, och iwwert der Moyenne belaaften. Et gëtt also an dësen Taxé wéi mir se proposéieren, eng Prime fir déi, déi mam Waasser vernünfteg ëmginn. A mir wollten évitéieren, dass déi, déi mam Waasser vernünfteg ëmginn, praktesch fir déi mussen matbezuelen déi iwwert der Moyenne konsumméieren. Dat sinn déi zwee Aspekter déi mer onbedéngt wollten dran hunn, déi souwuel sozial wéi och ekologesch begrënt sinn. Dat mécht an Zuelen ausgedréckt, déi Tabell déi hutt Dir, dass mer bei enger Fixe-taxe probéieren unzekomme fir also de Compteur, déi plus minus 10 Euro pro Joer pro Stot ausmécht. Wat wierklech ganz déif ass. Och am Verglach mat anere Gemengen.

Dat ass net ganz einfach ze garantéieren, dass et herno wierklech fir all Stot och 10 Euro pro Joer sinn. Aus engem Grond: mir hunn zu Esch ganz vill Haiser, Residenzen, wou méi Stéid dra wunnen, wou et awer nëmmen een Haaptcompteur gëtt. Dat heescht, wou net all eenzelne Stot, all eenzelne Ménage e

Compteur huet, mä do gëtt et ee globale Compteur am Haus, am Keller, an hannendru gëtt dann ënnert de Co-Locataires a Co-Propriétaires no engem Modell, deen hinnen dann an der Co-Propriétéit iwwerlooss ass, eng Verdeelung dovunner gemaach. Dat heescht, da wësse mer net genau ze soe wéi ee Stot huet dann elo schlussendlech ganz genau wéi en Undeel un deem Verbrauch. Dat ass einfach historesch esou gewuess zu Esch. Dat geet zwar zréck, well natierlech bei all Transformatioun gëtt drop insistéiert, dass, wann ech gelift, separat Compteuren do sinn. Bei all neiem Bau souwisou och. Mä bon, mir sinn awer nach eng Rei Joren domat amgaange bis déi historesch gewuesse Situatiounen, wou Haiser nëmmen ee Compteur hunn, aus der Welt sinn. Bis dohinner musse mer also e Modell fanne vun deem mer mengen, datt en esou no wéi méiglech drun erukënn, op jidde Fall wesentlech besser wéi dat wat mer elo hunn, dass plus minus all Stot als Fixe-taxe an Zukunft pro Joer 10 Euro bezilt. Wann een dat mécht, dann huet dat Inzidenzen op de Metercube-Präis. A bei deenen Tariffer déi mir proposéieren, vun also ronn 10 Euro pro Stot, egal ob dat an engem Eefamilljenhaus ass oder eng kleng Residenz oder eng grouss Residenz, wat och ëmmer, et misst plus minus bei deem Montant landen. Dat mécht dann, fir dass mer käschtedeckend d'Waasser verkaufen, dass mer plus minus 4,91 Euro de Metercube musse froen. An déi 4,91 Euro, déi setze sech zesummen aus der Kanaltaxe vun 2,47 an aus dem Waasserpräis vun 2,44 Euro.

Wa mer elo d'Fixe-taxe méi héich géing maache wier natierlech de Metercube-Präis e bësse méi geréng. Wa mer déi nach méi déif géinge maachen, da géinge mer souguer méi bëlleg ginn zum Deel wéi mer elo waren, dat ass net de Sënn dovun, da wär de Metercube-Präis nach e bësse méi héich. Mä mir lande bei eisem Tarifvorschlag vu plus minus 10 Euro pro Joer pro Stot Fixe-Käschten. Iwwregens, et ass jo och dee Modell dee mer hu beim Offall. Och beim Offall hu mer eng Fixe-taxe fir den Zougang zum System, deen ofhängeg ass vun der Gréisst vun der groer Poubelle. Dat heescht, déi gro Poubelle esouvill, 80 Liter, 120 Liter, 160 Liter, an dass duerno déi eenzeg variabel Zuel vu Sortien ass vun der Poubelle. Mä onofhängeg um Stot a vun der Situatioun vum Stot, gëtt et eng Fixe-taxe fir den Zougang zum Müllsystem. Déiselwecht Logik applizéiere mer op d'Waasser. Mir probéieren och do all Stot d'selwecht ze behandelen, esou gutt wéi

et geet, compte tenu vun deem Handicap dee mer do nach ëmmer e bëssen hunn. De Waasserpräis läit da bei 4,91 Euro de Metercube. Domat leie mer am Verglach mat deene meeschten anere Gemengen am Land éischter gutt. Éischter gutt.

Et ass och net verwonnerlech, mir sinn eng relativ dicht a kompakt besiedelt Stad, domat hu mer fir déi Metercube déi mer verkaufen, e relativ kleng Reseau. Wann en natierlech an enger Flähegemeng ass, déi musse fir 3 Compteur lass ze ginn 600 Meter Leitung leeën, dann huet een natierlech extrem héich Käschten um Reseau, déi mir net hunn. Mä mir leie mat eisem Tarif vu 4,91 de Metercube, deen eng Augmentatioun duerstellt, dat ass kloer, dofir maache mer jo och déi Ëmverdeelung, leie mer awer am Verglach gutt.

D'Augmentatioun selwer ass och net esou grouss wéi an deene meeschte Gemengen, net well mir elo besonnesch vertueux wieren, mä well mer schonn 2006 eng Kéier eng Upassung gemaach haten. Dofir si mer beim Waasserpräis an der Augmentatioun déi mer musse virhuelen am Verglach mat praktesch all deenen anere Gemenge relativ bescheiden. Mä Fakt ass, dass ënnert dem Stréck 4,91 Euro an Zukunft de Metercube muss gefrot ginn, dass mir dat dann och maachen.

Dir hutt déi Zuelen an Ärem Dossier, dat droen ech elo net alles vir. Mir hunn och ausgerechent wat et an Zukunft pro Stot an der Moyenne wäert maachen. A wann Dir déi Tabell kuckt, da gesitt Dir, dass duerch déi nei Tariffer d'Situatioun vun de Stéit, vun de vergläichbare Stéit, e Jonggesell oder zu zwee oder mat Kanner, onofhängeg vun der Wunnform, onofhängeg vun der Wunnform an Zukunft – dat sinn Tabellen déi hunn eis Servicer opgestallt opgrond vun eisen Erfahrungswärter, vun eisen duerchschnëttleche Verbrauchswärter – da gesitt Dir, dass onofhängeg vun der Wunnform an Zukunft vergläichbar Ménagen och praktesch identesch Waasserrechnungen hunn. Dass mer also do wierklech eng propper Situatioun kréie wou mer d'Leit gläichgestallt hunn. An déi Ongläichheeten duerch déi ënnerschiedlech Fixe-taxen, dass mer déi aus de Féiss hunn an d'Leit elo wierklech à pied d'égalité behandelt ginn.

Mir hunn eis d'Fro gestallt ob mer sollten et integral op den 1. Januar 2010 applizéieren oder ob mer et sollten an zwou oder dräi Kéiere bis den 1. Januar 2011 applizéieren.

Well dat ass e Spillraum, deen ee vum Gesetz hier net huet, d'Gesetz gëtt dee Spillraum net, mä den Intérieur huet awer signaliséiert hie géing do net ze vill streng duerno kucke wann een dat géing op zwou Etappe staffelen. Et géing dofir ee Grond ginn, dass een dat mécht. Wann ee kee sozialpolitescht Ëmverteilungsinstrument huet, da kann ee soen, ass dee leschte soziale Recours deen een hätt, ze soen, ma komm mir drécken dat e bëssen no hannen, esouwäit wéi mer kënnen. Wann een awer e soziaalt Ëmverteilungsinstrument huet, wéi mir et zënter 2006 hunn, wat deene Leit déi et brauchen, méi Hëllef gëtt wéi virdrun, da gëtt et eigentlech kee Grond fir et no hannen ze réckelen. Mir hunn eis fir déi Optioun do als Schafferot an als Majoritéit décidéiert, well mer iwwerzeegt sinn, dass eist Ëmverteilungsinstrument e richteg Instrument ass, well dat Instrument et fäerdeg bréngt do Hëllef ze ginn, do vill Hëllef ze ginn, wou och Hëllef noutwendeg ass, an opzehalen do ze subventionéiere wou et reng Luxus war. Dat hu mer 2006 ageléist deen Usproch. An dat Instrument fonctionnéiert haut och nach ëmmer gutt. Mer musse wuel Montanten adaptéieren op déi nei Situatioun. Déi mussen also eropgesat ginn déi Montanten, mä de Modell selwer, déi Leit déi Beneficiairë kënnen sinn, déi sinn eiser Meenung no nach ëmmer richteg. Dofir, vu dass bei eis déi Ëmverteilung ka klappen op den 1. Januar mat der éischter Rechnung déi am Februar dannerausgeet, si mer der Meenung, dass et och zu Esch, contrairement zu deene meeschte Gemenge vläicht, keng Ursach gëtt, fir do nach mat enger Staffellung iwwert ee Joer, wou mer dann zwou Augmentatiounen géinge maachen amplaz eng, dass een dat also hei zu Esch net brauch ze maachen.

Hätte mer keng gutt Ëmverteilung dann hätte mer eis déi Fro och musse stelle fir esou wäit wéi et geet, dat ofzefieder. Mä mir fiedere jo anescht of, wéi mir mengen, zënter dräi, véier Joer, iwwert eng besser Aart a Weis. Dofir proposéiere mer lech déi doten Tariffer an och dat Ëmverteilungsinstrument wou Dir, wann Dir gekuckt hutt, gesinn hutt dass mer d'Tariffer, d'Montanten ugepasst hunn. Do si Berechnungen gemaach ginn, och an engem Aarbechtsgrupp. Wéi gesot, d'Madame Spautz kann haut net do sinn. Deen Aarbechtsgrupp war ënnert hiner Leedung mat enger Rei Servicer vum Haus, wou déi Zuelen nach eng

Kéier aktualiséiert gi sinn a wou mer opgrond vun de Kritären och vun 2006 déi Montanten ugepasst hunn.

Mir proposéieren lech also déi Montanten esou ze stëmmen. Domat léise mer d'Gesetz an. Mir léisen och eise sozialen Usproch nach eng Kéier a wéi schonn 2006 a mir probéieren och duerch d'Staffelung déi mer maachen, tëschent fixe a variabel éischter déi Leit ze belounen, déi vernünfteg mam Waasserverbrauch ëmginn an déi déi iwwert der Moyenne leie mat hirem Verbrauch, déi hunn dann doduerch och en Incentiv fir et an Zukunft vläicht besser ze maachen. A wann net, da gëtt et wéinstens net vun deene matgedroen déi ënnert der Moyenne consomméieren an also vernünfteg domat ëmginn. Mir mengen, dat ass eng adequat a richteg Äntwert op déi Diskussioun déi sech am Moment all de Gemengen am Land stellt.

Ech soen lech Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Braz. Et geet dann u mam Här Codello an duerno den Här Jaerling.

Daniel Codello (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter. Merci, Här Braz, fir déi détailléiert Erklärungen. Ech wéilt awer, obwuel Dir et gesot hutt, wéilt ech awer gären ufänke mat e puer Kommentären zu der Direktiv an zu der Transpositioun an d'national Gesetz, well ech et awer fannen als Gemengeconseiller, dass dat hei d'Bühn ass wou mir eis kënnen ausermee setzen an och déi Kritiken ubrénge wat éischtens an der Direktiv stoung a wéi se zimlech verspéit, dat muss een och mol eng Kéier soen, zimlech verspéit hei am Land transposéiert ginn ass. Well mir hätten dat dote scho längst misste maachen a mir setzen elo haut hei sämtlech Gemengeréit déi et scho gemaach hunn an déi wéi mir, déi et nach musse maachen, mir setzen haut an enger Zäit hei wou d'ekonomesch an d'finanziell Ëmfeld net grad dat rosegt ass, wou mer da musse virun eis Bierger trieden an deene soen, hei mir mussen hei e Gesetz ëmsetze wat heescht, datt mer de Waasserpräis awer considérament mussen erhéijen. An duerfir muss een awer déi eng oder aner Bemierkung vläicht dozou ubréngen.

Déi éischt war, dass scho wéi den Text vun der Direktiv komm ass, dass et do – elo kann een natierlech soe fënnef Juriste sechs Meenungen – dass do awer schonn d'Diskussioun ugaangen ass, ob et iwwerhaupt an der

Direktiv eng Mussesach war de Käschtendeckungsprinzip anzeféieren. Well d'europäesch Direktiv gëtt dat net esou kloer hier. Ech constatéieren, dass d'Juristen aus dem Intérieur hei am Land déi Optioun geholl hunn, dass de Käschtendeckungsprinzip muss agefouert ginn.

Déi zweet Bemierkung wou ech awer da wéll maache bei der Transpositioun, dat ass, den Här Braz huet et uklänge gelooss, mir hu virun enger geraumer Zäit eng Circulaire kritt vum Intérieur, dat sinn eng 40 Säite gewiescht mat Schemaen. Bon, net jiddwereen huet elo e flotte Besuch oder eng erotesch Beziéung zu Zuelen. Ech sinn och kee vun deenen, mä ech muss lech éierlech soen déi Schemaen, déi Schémas de calcul, déi do vun uewen erof de Gemengen transposéiert gi sinn, dat ass alles anescht wéi, géif ech mol soen, demokratesch an et ass fir mech perséinlech och, soen ech lech éierlech, geet do d'Verfahrensweis och en Aschneiden an d'Autonomie vun de Gemengen, datt mir vum Intérieur hei quasi do Schemae virgestallt kréie wéi mir de Waasserpräis an Zukunft ze definéieren hunn. Ech sinn ëmmer dovun ausgaangen, a mir haten och schonn Diskussiounen hei, an ech sinn och elo frou dass den Här enfin heibanne sëtzt, wéi mer de Poste vum Economist hei créiert hunn, ass vu sämtleche Fraktiounen ëmmer begréisst ginn, dass dee Posten noutwendeg wier, fir an esou Fäll eng Comptabilité analytique fir Gemengen hei anzeféieren. Well et muss wierklech ee mir hei erklären, an ech soen lech éierlech, dass ech an deene Saachen net ganz bewandert sinn, mä ech loosse mech gäre vun Argumenter leeden, wéi eng Gemeng kann e käschtendeckende Präis vun iergendenger Leeschtung errechnen ouni Comptabilité analytique a sengem Finanzwiesen ze hunn. Dat sinn déi Froen déi ech hei opwäerfen, well no der Kameralistik wéi eise Budget opgesat ass, ass et jo onméiglech. Dofir muss dach awer elo d'Aarbechte vun eisem Economist musse jo awer zügeg virugoen an da wéll ech nach eppes soen, dat huet jo och seng Inzidenze bestëmmt ...

Här Braz, ech stellen lech Froen

Schäfte Félix Braz (DÉI GRÉNG): Entschëllegt.

Daniel Codello (LSAP): Dat huet seng Inzidenze bestëmmt och op aner Déngschtleeschungen, well mir sinn elo zum Beispill eng Gemeng déi e Bain municipal huet. Eis Bains municipaux brauche vill Waasser. Wäert dat

doten och heeschen, dass dat doten eng Konsequenz huet op d'Tariffer fir den Utilisateur vun eise Bains municipaux an Zukunft? Déi Froe mussen och gekläert ginn an duerfir wéll ech awer gären och vum Schäfferot d'Äntwert inwiewäit do d'Aarbechte vun eisem Economist fortgeschritt si fir eng wierklech Comptabilité analytique anzeféieren. A mat welche konkrete Posten déi do mat abegraff ginn, dat ass jo och Ressource humaine, dat sinn d'Infrastrukturen, dass dat alles mol kloer definéiert gëtt. An dass mer dat vläicht och an engem technesche Gemengerot eng Kéier à huis clos erkläert kënnen kréien, well fir mech ass d'Grondbedingung, dass mir awer solle wierklech op e käschtendeckende Präis, wou ech awer wierklech net gleewen, dass mer dee wierklech eng Kéier kréien, well et sinn och Gemengen déi dat soen, dass mer dat awer wierklech eng Kéier formell erkläert kréien. Well menger Meenung no geet dat net ouni wierklech eng konstant Aféierung vun enger Comptabilité analytique, déi dann och muss suivéiert ginn. Dat si meng Bemierkungen zu der Direktiv, also zu der Transpositioun an nationalt Gesetz. An dann eben och déi e bëssen awer ondemokratesch Aart a Weis wéi den Intérieur alt erëm mat de Gemenge verfiert. Et ass alt erëm en Zeeche vun der Salamitaktik wat d'Beschneidung vun der Autonomie communale ugeet. Well mar kënnt dat nächst drun, dass mer dat och aus der Stad virgeschriwwwe kréie wéi mir de Präis dem Bierger ze verrechnen hunn.

Zweet Bemierkung wéilt ech awer soen, an dat ass, dat hat ech schonn, Här Braz, dës Woch an enger Sitzung gesot, dass mer dem Schäfferot awer mussen eng kleng Blimmche geheien. Ech hat gesot et ass eng Maargréitichen, mä et ass awer eng Blimmchen. Well wat awer d'Oppositioun vläicht och vergësst iert se elo d'Wuert hëlt, d'Waassersyndikat wou mer dra sinn, d'SES hat schonn am Budgetsjoer 2009 hire Waasserpräis fir hir Clienten erhéicht op de Metercube. Mir sinn net gaange wéi aner Membergemengen a mir hunn direkt dat un den Endverbraucher, un de Bierger verrechent, mä mir hunn dës Joer gesot, mir iwwerhuelen dat integral iwwert eise Budget. Dat heescht, mir hunn awer och do scho sozial anticipéiert, loosse mer mol soen, dass mer 2009 net eng éischt Erhéijung gemaach hunn. An ech ginn do an engem Punkt – ech ginn a méi Punkten dem Här Braz Recht, mä an deem heite vläicht wesentlech – datt mer net sollen op de Punkt goen d'Erhéijunge staffelen. Mir sollen elo direkt

soe wou d'Saach ass. Ech hunn an den eenzelne Gemengerotsberichter geliest, d'Gemeng Mamer geet op eng Staffellung. Déi erhéicht elo eng Kéier 2010, erhéicht 2011 a seet awer och, wann ech dem Bericht hei vum Wort däerf gleewen, an ech denken awer schonn, „man erreiche den kostendeckenden Wasserpreis nicht“. De Buergermeeschter verspricht och bis virun déi nächst Gemengewahlen net dozou ze goen. Dat ass natierlech a Kontradiktioun awer da mat der Transpositioun vum Gesetz an do wéilt ech awer mol nach gär wësse wéi dat soll ausgoen, well si hunn et elo op 4,10 Euro gemaach an de käschendeckende Waasserpräis berechnen si mat 5,55 Euro, dee se awer net wëllen aféieren. Bon, do mussen mer och nach kucken wéi déi Gemeng dann auskënnt. Mä, nëmme fir ze soen, do ass och nach villes am Onklore wat d'Transpositioun vum Gesetz ass. An Dir hutt och mat Recht gesot, den Intérieur léist de Gemengen do awer e bësse Spillraum.

An dann eng drëtt Bemierkung, Här Braz, et geet jo net nëmme ëm d'Drénkwaasser, Dir hutt et gesot, dee Präis bezitt sech jo och op Eaux usées, also op eis Kanaltaxe. Dat ass ganz wichteg wat d'Recetté vun de Gemengen ugeet. Ech hunn elo déi lescht Versioun vum Budget elo nach net gesinn, also ech hu se nach net duerchgekuckt, mä ech mengen mir hunn eng Augmentatioun bei de Recetté vum Waasser vun 1,1 Milliounen Euro, also opgeronnt, a bei der Kanaltaxe eng Augmentatioun vun 1,9 Milliounen Euro am Budget agesat. Nun ass et awer esou, wann ech dat Gesetz da richteg verstane hunn, datt do e Fonds de gestion de l'eau gegrennt gëtt oder gegrennt ass, Règlement grand-ducal, an dass déi Taxen, déi mer jo fir de Stat erhiewen, wat och nach ganz problematesch ass hei - entschëllegt Här Weidig, frof lech dann d'Wuert herno wann ech gelift - also hei si mer jo an der komplexer Situatioun, dass d'Gemenge fir de Stat Taxen andreiwen, dat muss een och mol eng Kéier ganz kloer soen, well mir kréie jo politesch hei - vu muer u wann dat an den Zeitunge steet, kréie mir jo de Problem mat eise Bierger. Da si mer an der komplexer Situatioun, dass de Stat et sech einfach mécht a fir sech d'Gemengen Taxen andreiwe léist, mä ass et dann awer elo esou, datt net an d'Zukunft an dat heescht menger Meenung no dann awer och vum Budget 2010, déi supplémentaire Recetten déi mir jo müssen dem Stat ofginn, müssen déi dann net separat am Budget ënnert engem Posten déklariert ginn? Well déi si jo net fir eis. Déi si jo net fir

d'Gemeng Esch. Esou mussen mer dach iergendwéi am Budget ënnert de Recetten an an den Dépensen do en extra Artikel virgesinn, Dotatioun un de Fonds de gestion de l'eau wéi dat virgesinn ass. Well esouwäit ech verstane hunn, wat zwar géint d'Universalitéit vum Budget geet, wieren dës Recetten affectéiert. Also deen Deel deen un de Stat weidergeet. Wéi mer dozou mat der Loi communale a mat der Loi budgétaire eens gi beim Stat, bon, Här Braz, do musst Dir kucken wéi Dir dat geregelt kritt.

Nach eng Bemierkung zu deem Fonds de gestion de l'eau dee sech zesummesetzt aus reng nëmme Staatsvertrieder. Et kann awer nun net esou sinn, datt déi Fonds de gestion de l'eau sech jo awer soll mat den Infrastrukturprojeten am Waasserberäich, virun allem am Kanalberäich befaassen, an do Autorisatiounen gi fir d'Gemengen, an do ass kee Gemengevertrieder mat dran. Do ginn ech awer mat op de Wee, an de Kolleg Weidig sëtzt am Syvicol, do misst awer wierklech gekuckt ginn, dass op d'mannst ee Vertrieder vum Gemengesyndikat Syvicol mat an dee Fonds de gestion de l'eau dra kënnt, well hei am Moment ass dee Fonds de gestion de l'eau nëmme besat vu Staatsbeamten déi no Gutdünken, déi no Gutdünken, an dat soen ech net onbewusst, hei decidéiere wat an déi eenzel Projeten era geet.

Dat hei si beileiwe keng lichte Diskussiounen déi mer hei féieren. An et fällt kengem lichte dat heiten hei ze maachen. Dann awer e puer Bemierkungen, déi mer dem Bierger awer mat missten op de Wee ginn. Éischstensmol mussen mer mat op de Wee ginn, Här Braz, Dir hutt et gesot, dat hei soll och en Incitatif sinn, spuersam mam Element Waasser ënzegoen. Ech hunn an engem eeleren Zeitungsartikel gelies, an dat fällt engem vläicht guer net esou op, vun de véier Elementer op der Welt, ass d'Waasser dat eenzegt wat eng medial Berücksichtigung huet, well et eng Journée internationale de l'eau gëtt. Dat ass och guer net esou vun der Hand ze weisen. De Mënsch huet ouni Elektresch gelieft. Dat huet hie bewisen, mä ouni Waasser huet hien - hei entschëllegt, ech weess net ob elo interfraktionell vläicht och nach diskutéiert gëtt, mä ech mengen de Sujet ass awer menger Meenung no ze vill wichteg ... D'Madame Hildgen kéint d'Waasser och interesséieren, ech weess et net, mä mir sinn hei bei engem ganz seriösen ...

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Här Codello, wann Dir deenen aneren ëmmer all géingt nolauschteren, da wier et an der Rei.

Daniel Codello (LSAP): Jo, mä mir sinn hei bei engem seriösen Thema haut.

Aly Jaerling (Indépendant): Wann den Här Codello scho mol eng Kéier seriö ass da loosst hien och roueg schwätzen.

Daniel Codello (LSAP): An ech weess jo net wéi, et ass d'Responsabilitéit vun all Conseiller wéi hien dann deen erhéichte Waasserpräis jo da bei de Bierger erkläre geet ab haut de Mëtten. Ech weess wéi ech et wäert maachen. Mä et muss eise Bierger awer ganz kloer gemaach ginn, dass éischstensmol eist Waasser eng ganz gutt Qualitéit huet, dass et Drénkwaasser ass wat besser ass, ech ginn elo op keng aner Marque an, an zweetens mat där considérelen Erhéijung déi mer haut maachen, wäert eist Drénkwaasser nach vill méi bëlleg bleiwe wéi dat wat se an all Supermarché ze kafe kréien. Mä dat muss awer mol an d'Mentalitéit vum Bierger och erëm eragefouert ginn. Dofir mussen mer eis Infrastrukturen op engem héije qualitativen Niveau halen, an dofir sinn déi, leider, Erhéijunge vum Waasserpräis onauswäichlech.

Dann awer eng lescht Bemierkung. Dat ass, et wier deser Majoritéit net wierdeg wa se hei an de Conseil géing komme mat considérelen Erhéijunge vun Taxen, wann net hannendru géing u Sozialkompensatiounen geduecht ginn. Den Här Braz ass op den Historique agaangen, dass mer 2006, an ech mengen als éischt Gemeng hei am Land, sozial Kompensatiounsméiglechkeete geschafen hu wéi mer d'Taxen hei considérelen erhéicht hunn, an dat war ...

(Interruption par M. Jaerling)

Dat schwätzt Dir herno déi Chifferen déi Dir ëmmer do an d'Welt geheit, liest dat mol no, liest dat no ier Dir et sot - an et ass och hei natierlech ganz normal, dass mer geduecht hu wa mer hei op déi ganz wichteg Taxenerhéijung hei ginn, datt dat och mat soziale Kompensatiounsméiglechkeete wäert begleet ginn. Well, wann een d'Chiffere kuckt, momentan, déi Leit déi beim Office sociale passéieren hei an Esch, déi ginn net déi mannsten, d'Sozialsituatioun, d'Sozialkris wat eng Folleg ass vun der ekonomescher an der finanzieller Kris wäert eréischt op eis duerkommen, an duerfir ass et wichteg, dass mer hei

deene Leit déi an der Escher Bevëlkerung manner gestallt sinn, déi noutwendeg Mesuré mat op de Wee ginn, dat se awer nach kënnen op eng mënschewierdeg Aart a Weis vun deem Element Waasser profitéieren.

Mat all deene Bemierkungen, Här Braz, gesot, fannen ech, dass dat heite wierklech eng ganz grave Décisioun ass déi mer haut hei huelen, déi mer net vun eis aus huelen, se kënn vum uewen erof. Ech fannen, dass och muss nach un der Loi cadre Adaptatioun gemaach ginn, virun allem, wat ech gesot hunn, Fonds de gestion de l'eau, d'Matsproocherecht vun de Gemenge muss do mat integréiert ginn, well soss komme mer wierklech op de Wee, datt mir wierklech hei just nach d'Executante vun der Staatsgewalt sinn an dat wëlle mer jo allegueren net. An deem Kontext kënnen mer jo och nach während de Budgetsdebatten diskutéieren.

An eng lescht Bemierkung, dat hat ech och schonn ugeschwat, et wier ganz wichteg wann och nieft de Mesures compensatoires eng Campagne géing gestart gi wou de Bierger drop opmierksam gemaach gëtt, datt et wichteg ass nützlich an net onbedenklech mam Waasser ëmzegoen.

Dëst gesot ginn ech awer de Jo vu menger Fraktioun.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Codello. Et ass dann um Här Jaerling an dann den Här Baum.

Aly Jaerling (Indépendant): Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wäert mech vun haut u schwéier hidden nach Waasser ze drénken. Normalerweis wäschen ech jo mol meng Zänn net fir kee Waasser an d'Strass ze kréien, mä elo maachen ech dat och mol net méi. Mä ech hunn awer eng Versteesdemech-Fro wat den Här Codello gesot huet. Esou wéi ech verstanen hunn, wär dann d'sozialistesche Partei géint e gestaffelte Waasserpräis?

Daniel Codello (LSAP): Nee, kommt Här Jaerling, haalt Är Ried an da schwätze mer dat herno.

Aly Jaerling (Indépendant): Nee, dat huet den Här Codello gesot. Ech hu gefrot ob ech dat richtig verstanen hunn.

Paul Weidig (LSAP): Dir hutt et falsch verstan.

Daniel Codello (LSAP): Et wier net déi éischte Kéier, Här Jaerling.

Aly Jaerling (Indépendant): Nee, bei lech ass dat net esou einfach lech richtig ze verstoen, well gewéinlech kënn jo ëmmer de Konträr vun deem eraus wat Dir eis hei zielt.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Hei wann ech gelift, keng perséinlech...et ka jiddwereen d'Wuert kréien a jiddwereen schwätzt.

Aly Jaerling (Indépendant): Ma, Madame Buergermeeschter, ech hunn eng Versteesdemech-Fro gestallt an ech hu just gefrot, ob ech dat richtig verstanen hunn. An ech hunn och elo keng richtig Äntwert kritt. Voilà.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Dir stellt Froen un de Schafferot a mir äntweren herno.

Aly Jaerling (Indépendant): Da froen ech de Schafferot, hie soll den Här Codello froen ob hie gesot huet, dass d'sozialistesche Partei géint e gestaffelte Waasserpräis ass.

(Hilarités)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Gutt, fuert weider, mir äntweren lech herno drop, Här Jaerling. Mä fuert wann ech gelift weider.

Aly Jaerling (Indépendant): Madame Buergermeeschter, ech menge mer sinn um Enn vum Joer an do schwätze mer jo ëmmer esou Hoffnungen aus. An ech hoffen, dass an Zukunft d'Uelzrechtstrooss, déi längstste Geschäftsstrooss vun der Welt, nach laang genuch ass fir déi Schlaang vu Leit déi hei op der Gemeng virspriechen, déi an Aarmut sinn, fir déi Schlaang nach opzefänken. Well wann ech hei gesi wat an där ganzer Diskussioun iwwert dee Waasserpräis geschwat gëtt, dann trëfft et erëm genau déiselwecht déi et ëmmer trëfft an zwar déi kleng Leit. An Dir kënn hei esou vill ziele vu sozialer Kompensatioun wéi Dir wëllt, déi déi bezuelen, dat sinn déi kleng Leit. An Dir kënn och iergendwou Vergläicher da setzen, dass mir awer elo net, dass d'Gemeng awer net do ass fir dann deene Leit déi eng Schwämm hu bëlleg Waasser ze liwwere fir an hir Schwämm ze goen. Ech mengen dat si Vergläicher, loosst déi wann ech gelift op der Säit. Well och wann Dir deenen dat bëllegt Waasser loosst, dann dierf Dir net vergiessen, dass Dir dann awer och de kleng Leit dat bëllegt Waasser loosst an ech mengen dat wär de Wee.

D'Waasser ass e Grondrecht fir all Mënsch. An dat Grondrecht dat gëtt hei awer elementar mat Féiss getréppelt, well dat Grondrecht net fir jiddwereen datselwecht ass. D'Grondrecht ass just gutt fir déi, déi sech et leeschte kënnen an déi déi sech déi Präisser do net leeschte kënnen, fir déi ass et kee Recht méi, mä fir déi ass et e Calvaire. Well egal wéi mer dat elo hei sozial wëlle kompenséieren, d'Enn vum Lidd a vun där Politik, déi net nëmmen hei déi Gemeng mécht, mä och déi d'Regierung hei am Land mécht, ass dass mer erëm an de Postkutschenzäitalter zrëck falen, wann ech déi Gréng wëll aus der Chamber zitéieren, an dass d'Leit erëm fir all Klenggeheet déi se brauche fir ze liwwen, musse bei de Buerghär heesche goen. Dat ass déi Politik, déi hei an deem Land gedriwwen gëtt. Dat ass déi Politik, déi och vun där Escher Gemeng hei, vun der Majoritéit hei iwwerholl gëtt.

A wann ech elo op den Urspronk vun där Diskussioun hei kommen, do gëtt dann ëmmer déi Direktiv an de Raum gestallt, déi och vun der EU kënn. Et ass ëmmer schéi wann een net méi an an net méi aus weess, da kuckt een ob Bréissel oder op Stroossbuerg an dann zur Konsequenz kënn, dass een da Bréissel a Stroossbuerg onbedéngt muss ofschafe fir dass dat mol eng Kéier ophéiert. Wa mer iwwert déi Saachen do schwätzen, da solle mer de Leit awer och mol soen, dass eng Direktiv nëmmen zustane kënn, wann am Ministerrot eis Ministeren och d'accord sinn. Dat ass mol dat. An eis Ministeren, wee sinn dat? Ma dat si Leit aus der sozialistescher Partei, dat si Leit aus der ...

(Interruption)

Also, dass Dir an der Regierung minoritär sidd, dat huet net nëmme mat Zuelen ze dinn, mä dat huet och mat Ärem Behuelen ze dinn. Ech wëll lech dat och mol soen, well fir ze regéiere géif Dir jo net nëmmen eng Box mä dräi Boxen erofstréppen. An dann an der Regierung, wann esou eng Direktiv ëmgesat gëtt, déi jo anscheinend muss ëmgesat ginn. Firwat muss se ëmgesat ginn? Majo well eben am Ministerrot, ech hoffen dass dat sech jo elo mam neien Traité ännert, wou ech awer drun zweiwelen, do Ministeren eegestänneg ouni Parlament an ouni iergendeen hei am Land ze froen dann déi Direktiven do einfach approvieren. Dat ass de Problem dee mer vun uewen erof hunn an ech mengen dat soll een de Leit och mol dobausse soen. Et soll een déi Schëlleg dohinner siche goe wou se sëtzen. An an deem Fall muss ech soen, déi Schëlleg

elo hei an dëser Diskussioun, dass de Waasserpräis muss ugepasst ginn, ass net d'Escher Gemeng. Dat ass richtig, mä d'Aart a Weis wéi et hei gemaach gëtt, sinn ech awer der Meenung, ass der Escher Majoritéit hir Schold.

A wann ech elo dat Ganzt da weider denken, da stellen ech mer awer eng Rei Froen. Well Dir jo mat stolzer Broscht an houfreg gesot hutt: "Wat ware mir dach gutt, a mir hu schonn 2006 et fäerdeg bruecht 6 Milliounen Taxenerhéijungen ze maachen. Stellt lech mol vir mir hätten déi net gemaach, da wär et haut nach schlimmer." Also Dir vergiesst net, dass awer elo schonn, well mir esou schnell an esou gutt waren, d'Leit während dräi Joer ënnert deene 6 Milliounen Taxenerhéijungen do musse leiden a well scho vun 2006 un d'Leit hei beim Sozialbüro stinn a musse fechte komme fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Dat sinn d'Fakten. Dat sollt Dir de Leit dobaussen zielen, Här Codello, an net Är héichintellektuell Geschichten déi souwisou kee versteet. Dofir schwätzt mol dobausse Kloertext mat de Leit, sot hinne mol wéi et ass, sot hinnen, dass Dir se scho während dräi Joer beklaut a sot hinnen, dass Dir elo déi kleng Leit hei an Esch nach méi beklaut an hinnen an d'Täsche gräift. Well dann drénke se mol kee Waasser méi, se wäschten hir Kanner net méi. Wat hu mer da geschafft? Well d'Konsequenz ass nämlech, bei Famillje mat Kanner, all Kompensatioun déi Dir hinne gitt, hieft dat net op, dass d'Waasser méi deier gëtt, an dass se musse méi bezuelen, an dass dee Quantum vu Waasser dee se brauchen nach ëmmer deeselwechten ass a se dofir nach ëmmer méi musse bezuelen. Dat sinn d'Fakten, dat ass dat wat Dir de Leit sollt soen.

Do derbäi kënnt jo dann d'Kanaltaxe, d'Ofwaassertaxe, elo erhiewe mer jo hei, an dat hunn ech jo scho viru 16 Joer gesot, elo erhiewe mer hei d'Kanaltaxe op de Verbrauch vun den Escher Leit. Dat kënne mer, well dat iwwert d'Compteure vun der Gemeng leeft. Mir hunn awer hei Betriber déi d'Waasser net iwwert d'Escher Compteure kréien, déi direkt d'Waasser geliwwert kréien, net iwwert d'Escher Compteuren, ech wëll dee Betrib net uschwätzen, mä ech sinn elo scho 16 Joer ... Dir wësst genau ween ech mengen, et ass Mittal, dat ass elo d'selwecht ob et d'Arbed ass oder d'Mittal. Et war virdrun och d'Battins-Brauerei, déi gëtt et jo elo net méi. Mä deenen hire Waasserverbrauch an dat wat se an de Kanal geschott hunn, war bal grad esou héich wéi de Rescht vun der gesamter Escher

Bevëlkerung. An elo stellt sech dann hei d'Fro, wéi ass dat dann national geregelt? Wat fir eng Kanaltaxe kréien déi? Kréien déi nach ëmmer extra Wurschte gebroden oder ginn déi och behandelt wéi jiddwereen normal Stierflechen an dësem Fall? Dat si Froen déi nach ze beäntwerte sinn.

Op jidde Fall sinn ech der Meenung, dass dee ganze Käschtendeckungsprinzip, dee jo elo iergendwou erfionnt ginn ass, just zum Zweck – Här Knaff, wat heescht hei alles gratis?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Den Här Knaff kritt och d'Wuert nach no lech, Här Jaerling.

Aly Jaerling (Indépendant): De System, de System, hei lauschtert mol, de System, ... also dat ass d'sozial Astellung vun der DP

Pierre-Marc Knaff (DP): Jo, dat ass eis Astellung.

Aly Jaerling (Indépendant): Ma da sot dat awer och ganz kloer dobaussen. Ech wëll lech just nëmmen eent soen, wann Dir hei mengt, dass déi Leit déi sech schonn näischt leeschte kënnen, an dat ass d'grouss Mass hei am Land, well op deene wëllt Dir Geld verdéngen, op där grousser Mass hei am Land déi sech soss schonn näischt leeschte kënnen, déi gitt Dir unzäpen. Well all déi aner déi Fric genuch hunn, deene mécht dat doten absolut guer näischt aus. Dat sinn déi déi d'Schwämmen hu virun der Dier. Ech vergonnen deene Leit dat.

(Interruption)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Loosst den Här Jaerling schwätzen. Dir kritt d'Wuert.

Aly Jaerling (Indépendant): Ech vergonnen deene Leit dat well se musse jo och de Präis bezuele fir d'Waasser. Mä ech kann net domat d'accord sinn, dass esou Ursaache geholl gi fir dann elo deene kleng Leit Augmentatioune vun engem Grondrecht, vum Waasser wat e Grondrecht ass a wat hei d'Sozialisten och nach an hire Communiqué vum 9. Oktober schreiwen, dass d'Recht op d'Waasser e Grondrecht ass. Ma dat Grondrecht trëppelt Dir hei mat Féiss well net méi jiddwereen d'Waasser sech esou an deem Mooss ka leeschten, a besonnesch déi kleng Leit net, déi Dir elo hei erëm eng Kéier unzäpe gitt. An dat ass einfach ongerecht, sozial ongerecht.

Jo, Här Knaff, wann Dir kräischts dann hutt Dir Waasser am Kapp, soss kënnt jo keent erauslafen. An ech géif och ganz spuersam mat deem Waasser an Ärem Kapp virgoen, net dass op eemol guer näischt méi dran ass.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Hei kënne mer e bësse seriös bleiwe wann ech gelift. Här Jaerling, kënnt Dir zum Schluss kommen, dass och déi aner nach d'Wuert kënne kréien.

Aly Jaerling (Indépendant): Also, fir et kuerz ze maachen, ech kann einfach net hei d'accord sinn, dass mer ëmmer méi an eng Situatioun erarutsche wou ëmmer méi Escher Bierger musse hei bei d'Sozialamt heesche kommen. Dat ass d'Konsequenz vun deem ganzen, dat ass déi Konsequenz vun där ganzer Taxe-Politik déi hei gefouert gëtt, dass ëmmer méi Leit musse hei bei d'Sozialamt heesche kommen. An dat ass awer net nëmmen d'Escher Gemeng, dat ass och nach esou. Se musse jo dann och nach bei de Stat heesche goen, well se musse jo virdru bei de Stat goe fir ze froe fir och nach dann do d'Autorisatioun ze kréien, dass se effektiv esou aarm sinn, fir dass se iwwerhaupt duerfen Usproch op eng Sozialhëllef stellen.

Also, dat hei ass, wat déi Präisser hei ubelaangt, déi ganz Politik, wéi gesot, d'Escher Gemeng huet just eng Entschëllung, dat Ganzt geet net vun der Escher Gemeng aus, et ass net vill Wiel do, mä, wéi gesot, et ass eng onsozial Politik déi ganz uewen ugeet, déi an der EU ugeet, déi sech iwwerdreit op déi eenzel Memberstaten an déi vun do un iwwerdroe gëtt op d'Gemengen, a wou d'Gemenge musse déi ganz sozial Verantwortung iwwerhuelen, déi e Stat, deen déi onsozial Politik bedreift säit Joren, d'Gemenge musse déi sozial Verantwortung iwwerhuelen déi anerer provozéieren. An dat ass dee falsche Wee. Et geet also net nëmmen duer, dass mer hei dogéint wierken. Ech mengen, hei hu mer jo awer och Deputéierte genuch déi net nëmmen hei sëtzen, déi och an Europa sëtzen, där hu mer genuch, fir där Politik entgéint ze wierken. Mä op jidde Fall, wa mer hei musse déi sozial Verantwortung iwwerhuelen, da musse mer och vun hei aus schonn ufänken eis géint déi Moosnamen do ze wierken an dofir, ech kann dee Waasserpräis do, esou wéi en do ass, net matstëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Jaerling. Ech hunn dann nach agedroen déi Häre Baum, Knaff an Zwally. Här Baum.

Marc Baum (DÉI LÉNK): Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Vir ewech eng Verständnissfro: Diskutéiere mer elo d'Punkten 9 an 10 gemeinsam? Ass dat esou? Ok.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Jo, dat war d'Proposition.

Marc Baum (DÉI LÉNK): Da wéilt ech vir ewech zur Diskussioun kuerz Stellung huele mat zwou Remarquen. De Schäfferot seet, oder d'LSAP an déi Gréng soen, et ass en Diktat vum Inneministère deen eis kaum ... oder mir kréien et diktéiert a wann een eppes diktéiert kritt dann ass et en Diktat vum Inneministère, wat wéineg Spillraum léist fir do kënnen ze agéieren. Ech wéilt do, d'selwecht wéi den Här Jaerling drun erënneren, datt d'Escher Gemeng 2006 ouni Grond an ouni et diktéiert kritt ze hu vun engem Inneministère, och net vun där ominéiser Wasserrahmenrichtlinie, d'Präisser op Kanal, Waasser an awer och Müll ëm duerchschnëttlech 80% erhéicht huet.

Da gëtt ëmmer gekrasch doriwwer, den Här Jaerling huet dat och elo grad gemaach, iwwer Europa a wéi schlëmm déi Direktiv wier a wéi mer dach alleguete gezwonge wieren dat an nationaalt Recht ëmzesetzen, a wéi dann d'Gemenge gezwonge sinn dat a kommunaalt Recht ëmzesetzen. Ech soen lech elo eppes wat lech vläicht als Lénken erstaunt. Déi Wasserrahmenrichtlinie ass eng gutt EU-Direktiv. Et ass eng EU-Direktiv déi virun allem am Sënn vun Ëmweltschutz an am Sënn vun der Transparenz wierklech wichteg Jalone setzt. A se ass gutt, wéi den Här Codello et virdrun ugedeit huet, well de Käschtedeckungsprinzip, deen zwar dra steet, mä wou et wierklech juristesches ënnerschiddlech Ausleeungen driwwer gi wéi an ob een déi wierklech muss applizéieren.

An dat zweet, wat ausdrécklech dra steet an där Wasserrahmenrichtlinie, dat ass, datt et kënne sozial an ökologesch Kritäre gi bei der Berechnung vum Waasserpräis an net nëmmen duerno fir mat iergendwelchen obskure soziale Kompensatiounen déi un iergendwelch aner Saache gebonne sinn, sozial Gerechtegkeet hierzestellen. Nee, an där

Wasserrahmenrichtlinie steet ausdrécklech dran, sozial an ökologesch Kritäre kënne berücksichtegt ginn.

Deen zweete Schrëtt ass da fir ze soen, jo mä mir hunn d'Ëmsetzung an d'nationaalt Recht. Do muss een awer och soen, dat war am Dezember 2008, dat war awer en nationaalt Parlament wat dat ëmgesat huet, an dat waren Deputéierten, Majoritéitsdeputéierten déi dat gewielt hunn. Entres autres zwee déi, oder een Deputéierten, deen am Moment hei sëtzt. Déi Gréng hunn effektiv dergéint gestëmmt, zwar aus anere Grënn. Fir da vun der LSAP-Fraktioun ze héieren, jo et ass den Inneministère an hei an dëtt an dat, dat ass dann e bësse problematesch, fannen ech.

An dann drëttens, wou ech awer Recht ginn, dat ass, dat nationaalt Gesetz verbitt net sozial an ökologesch Kritären. Wou et schwierig gëtt a wou der Gemeng d'Hänn gebonne sinn, dat ass mat der Circulaire vum Inneministère, mat där Tabell déi do opgestallt ginn ass, déi verbindlech ass. Mä ech froe mech dann awer och, wier et net un enger Gemeng gewiescht, - an ech ka mech do un dat erënnere wat den Här Braz virun e puer Wochen oder Méint gesot huet, datt ee relativ sauer als Gemeng op den Inneministère wier, well ee weess, et muss een et bis den 1. Januar ëmgesat hunn. A vum Ministère komme keng Instruktiounen. Elo sinn d'Instruktiounen do, elo seet een, ma d'Hänn sinn eis gebonnen. Dat ass awer och eng schwierig Approche an et freet ee sech, ob et net d'Aufgab vun der Gemeng gewiescht wier, grad am Sënn vun der Autonomie communale déi den Här Codello opgegraff huet, ob et net grad d'Aufgab vun der Gemeng gewiescht wier, fir do proaktiv ze sinn a fir selwer Modeller virzeschloen, opgrond vun deenen Erfahrungen, déi een hei zu Esch gemaach huet. Dat vir ewech.

D'Taxen, an elo kommen ech dann zum eigentleche Punkt, d'Taxe wierke wéi indirekt Steieren. Dat heescht, si sinn net progressiv. Si si gebonnen un de Konsum. A wéi indirekt Steieren, wierke se ëmsou méi staark op Leit déi e klengt oder e bësse méi bescheiden Akommes hunn, wéi op Leit déi besser verdéngend sinn.

Den Här Braz huet virdrun undeite gelooss, an am Communiqué vun de Gréngen zum Käschtedeckungsprinzip steet dran, datt bis elo d'Gemeng quasi d'Fälle vu Schwämme vun Doktere finanzéiert huet oder subventionéiert huet an datt dat misst ophalen. Wat elo

geschitt, ass am Fong genau de Konträr. Dir schwätzt vun incitéieren, vu Leit incitéiere fir spuwersam oder verantwortungsbewusst mat dem Wäert Waasser ëmzegoen. Wat geschitt ass, datt Leit mat bescheidenem Akommes, ënnert e weidere sozialen Drock geroden a Leit déi eng Schwämm hunn an déi Dokter sinn oder Deputéierte sinn, fir déi sinn déi 15 oder 20 Euro, dat mécht deenen net vill aus. Fir d'Majoritéit vun der Populatioun, a grad d'Majoritéit vun der Populatioun vun Esch, mécht dat vill aus. An duerfir ass dee pädagogeschen Effekt, mengen ech, schléit no hannen a weist justement d'sozial Segregatioun déi dorausser entstoe kann.

Dann hu mer leschte Gemengerot hei héieren a wéi enger sozialer Situatioun Esch ass. Mir hunn e Chômage ëm 12 bis 13%. Eis feelt et massiv u Gemengewunnengen. D'Demandeuren oder Cliente beim Office social sinn esou héich wéi nach ni virdrun a mir hu real sozial Problemer hei zu Esch. A wat geschitt? D'Gemeng erhéicht fir déi Leit, an och fir déi Leit, weiderhin d'Taxen. Dat heescht, de sozialen Drock an d'Gefor vun der Präkarisierung wissst fir déi Leit amplaz datt e soll erofgoen.

D'sozial Kompensatioun sot Dir mer dann. Éischtens, sozial Kompensatioun heescht jo just, datt d'Erhéijung just ëm d'Halschent virgeholl gëtt. Dat heescht, och déi Leit déi an de fragwürdege Genoss vun där sozialer Kompensatioun kommen, musse méi bezuelen elo. An de sozialen Drock wissst op déi Leit.

An dann, dat ass mäin zweete Punkt vun der sozialer Kompensatioun, et ass dach esou, datt déi un d'Allocation de chauffage gebonnen ass vum Stat. Dat ass eng temporär Measure, déi vu Joer zu Joer kann erneiert ginn, awer net muss erneiert ginn. A wann dat eng Kéier mol net méi de Fall wier, mä wat geschitt da mat de soziale Kompensatiounen déi sollen un déi Leit ausgeschott ginn? An et ass schued, datt d'Madame Spautz net do ass, well si kéint sécherlech eng kloer Äntwert doropper ginn, wéivill Leit dann am Moment an de Genoss vun där sozialer Kompensatioun kommen a wou een da misst dorausser awer réckschléissend d'Fro stellen, mä missten net méi Leit an de Genoss vun der sozialer Kompensatioun kommen? Misst se net anescht ausgesinn, a misst se net anescht strukturéiert sinn, wéi just gebonnen un d'Allocation de chauffage?

Et ass awer, an dat weisen och aner Länner déi och d'Wasserrahmenrichtlinien ëmgesat hunn, et ginn op kommunalem Niveau ginn et och Géigemodeller. Et gëtt e Modell, datt ee kann eng Grond-Metercubezuel pro Mount fir all Bierger gratis zur Verfügung stellen, an doropshi gestaffelt, jee no sozialer Situatioun a jee no Verbrauch, kann een dann de Waasserpräis graduell progressiv erhéijen. An dat ass, mengen ech, e Modell dee vill méi interessant ass, well et brauch een net op sozial Mesuren an op Sozialpolitik zréck ze gräife fir e gerechte Modell hierzustellen. Mä et bleift bei engem universelle Recht wou sozial an ökologesch Kritäre matenee verbonne sinn.

An dann eng lescht ofschléissend Bemierkung. Fir mech schéngt et evident, datt d'ökologesch Fro an d'Fro vum ökologesche Wandel a vum verantwortungsbewossten Ëmgang mat eise Ressource muss gebonne sinn u Sozialpolitik, dat heescht un déi Sozial Fro an un déi demokratesch Fro. An ech sinn net dem Här Braz senger Meenung oder der Meenung vun deene Gréngen, datt een Ëmweltpolitik mat ëmweltpoliteschen Instrumenter mécht, Sozialpolitik mat sozialpoliteschen Instrumenter mécht, mä ech mengen, datt et grad transversal Vernetzung vun deene verschiddeenen Instrumenter ass déi ökologesch a sozial gerecht ka sinn.

Ech soen lech Merci, tout en sachant datt ech dat do net votéiere wäert.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Baum. Et ass dann un den Häre Knaff, Zwally, Weidig a Wohlfarth.

Pierre-Marc Knaff (DP): Jo, Madame Buergermeeschter, ech bleiwe ganz kuerz. Ech reservéiere mer e puer Remarquen iwwert eis Meenungen iwwert d'Sozialpolitik an Esch ze maache wann ech Äre Budget kommentéieren. Ech géif elo just menge mir schwätzen hei iwwert eng Measure déi muss geholl ginn, well se d'une part imposéiert ginn ass, d'autre part och mengen ech richtig ass. Datt de Käschtdenckungsprinzip agefouert gëtt, ass, mengen ech, eng richtig Measure. Dat setzt jiddweree viru seng Responsabilitéiten. Et ass konform zu dem ökologesche Prinzip vum Pollueur-Payeur. An ech mengen, datt et richtig ass, datt mer deen aféieren. Dee konnt natierlech nëmmen agefouert gi mat enger Erhéijung vun deemselwechte Präis, étant donné datt e soss largement subventionéiert war, dat ass elo net méi esou. Ech fannen et dann och normal, datt Dir deenen Äermste

vun deenen Aarmen dann ënnert d'Äerm gräift fir dann déi Dépense déi en plus kënnt, fir déi dann iergendwéi ze probéieren ze kompenséieren. Här Codello, wann Dir mengt dat wär zynesch oder net, dat ass lech dann iwwerloos.

Ech mengen, datt dee Projet esou wéi en hei presentéiert ginn ass, nach dat Besch aus där neier Oplag déi mer kritt hunn aus Europa, nach dat Besch draus mécht an datt deenen zwou Säiten hei Rechnung gedroe gëtt. An ech wäert Äert Reglement och stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Knaff. Et wier dann um Här Zwally.

André Zwally (CSV): Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Ech denken, dass wann een natierlech dës Diskussioun déi een elo hei féiert, esou am Zäitrock, ginn ech hei allegueren deene Spriecher recht, wa mer just viru Joresenn op den 01.01.2010 mussen iwwert eppes debattéieren hei am Gemengerot wat an der Chamber 2008 schonn diskutéiert ginn ass, wat eng gewëssen Zäit gebraucht huet. An do gesäit een och u sech de Problem mat deem déi ganz Diskussioun verbonnen ass, datt mir dat dann esou kuerz viru Ladenschluss solle maachen, ier mer an dat neit Joer eraginn. An ech denken, dat ass e bësse suspekt, och vun eiser Säit aus. Ech gesinn dat och esou. An et wier besser gewiescht wa mer déi doten Diskussioun hätte kënnen aneschters a vill méi fréi féieren.

Historesch, ech ginn nach eng Kéier drop zréck wat hei den Här Codello gesot huet. Hien hat am Juni 2007 eng Interpellatioun gemaach déi deemools ganz interessant och war a wou mer eis och d'Wuert mengen ech deemools ginn hate fir ab und zu iwwert dat doten Thema ze diskutéieren. Dat ass aus ënnerschiddleche Grënn wahrscheinlech net méi gaangen. Et wieren nach genuch Méiglechkeete gewiescht fir et awer ze maachen. Ech stellen dann haut fest, dass mer déi Diskussioun net gefouert hunn, an dat e bësse mat Bedauern.

Elo, wat déi ganz Intransparenz déi elo e bësse zum Virschäin komm ass um Niveau vum Inneministère, déi géif ech awer zréckweisen. Ech géif se zréckweisen an deem Sënn well an der Rubrik vun der Zesummesetzung wéi dat Ganz technesch ze rechnen ass, ech selwer mech schlaue gemaach hunn an do sinn ech bei de Ministère vum Intérieur gaangen, ënnert der Wasserwirtschaft, an do

hunn ech dach awer eng Transparenz festgestallt déi ech bis do nach net gesinn hunn. Do huet een nämlech ganz kloer Excelsfichier déi ee sech selwer kann eroflueden, déi jo och als Hëllefsmëttel geduecht ware fir d'Gemenge fir kënne de Präis festzeleeën, respektiv domatter ze schaffen als Instrument an deem ganze komplizéierte Wierk, an ech war schonn iwwerrascht, dass dat doten, an et ass fir d'éischt wou ech dat matkritt hunn, dass dat doten um Internet circuléiert, an dass ee sech da ka schlaue maachen a selwer sech domat beschäftegen an där doter Diskussioun.

Elo zu der Qualitéit vum Waasser selwer an och zu deem wat een allgemeng kann dozou soen. Mir sinn der Meenung, dass et wichteg ass, och an der Diskussioun vun der Qualitéit, dass se muss bleiwen, wann net nach muss verbessert ginn. Ech denken, datt mir net schlecht hei zu Esch sinn, dat ass jo desöftere mentionéiert ginn, an et sinn nach Verbesserunge méiglech an et soll een och op de Wee goen, dass wann een natierlech an d'Diskussioun vum Waasser kënnt, dass een an der Qualitéit an deenen eenzelne Quartiere soll kucken um Niveau vun der Gemeng, dass dat soll verbessert ginn.

Deen aneren Deel ass dee vun der Accessibilitéit. Mir si ganz domat d'accord, dass Waasser selbstverständlech liewenswichtig ass fir all Mënsch deen do ass. An et eegent sech och net als grousse Article de vente. Ech denken dat ass eppes wat ee muss am Hannerkapp behalen. Et dierf net esou ausarten, datt et e Produit gëtt wéi an enger Privatindustrie, wou een dat op de Maart geheit an domat wëll massiv Bénéfisser maachen, dat dierf et net sinn. Et ass ganz einfach e Mëttel dee mir als Leit brauchen, dat mir als Mënsche brauchen, an dofir ass et wäertvoll an et soll een och net déi Diskussioun féieren, well dat wier eng falsch Diskussioun.

Mir schwätzen och iwwert de Käschtdenckungsprinzip. Jo, et gëtt och de Verbraucherprinzip. Et gi vill Prinzipien déi ee kann, et kann een dorausser erausfannen. An hei ass leedeglech eng Formel gesicht gi fir e bësse Egalitéiten ze fannen. Par rapport zu deenen déi Netzer hunn, par rapport zu deenen déi net Propriétaire sinn. An et ass jo och net einfach fir um Niveau vun deenen eenzelne Gemengen, um Niveau vun deenen eenzelne Regiounen, ob dat de Süden, ob dat den Osten, den Zentrum an den Norden ass, well

de Verbrauch ënnerschiddlech ass. Ech ka mech erënnere, datt et um Niveau vum Norden, och wat d'CSV ubelaangt, doduerch well déi Weeër vill méi grouss sinn, well déi Gemenge vill méi wäit auserne leien, aner Diskussiounen och gefouert ginn.

(Interruption)

Jo, ech wollt dat nëmme just hei mentionéieren, dass een och gesäit dass d'CSV als Vollekspartei sech och mat deem doten auserne setzt, esou dass do och net ëmmer Friede, Freude, Eierkuchen ass, iwwert déi dach interessant Diskussioun. An dat ass och berechtigt wann dat esou diskutéiert gëtt.

Ech géif dann awer nach op déi Meenung komme vum Här Codello déi ech och deelen. Ech deele se an deem Sënn, dass se seet, um Niveau vun de Finanze fänke mer dach awer u lues awer sécher an eng Logik eranzekommen, déi een am Privaten erëmfënnt. Ech menge mir hunn als CSV an a menger Perséinlechkeet och ëmmer widderholl um Niveau vum Südstroum, well dat zwar awer eng 100%teg Sociéitéit ass, déi ënnert eis Fittiche fällt, mä mer awer konfrontéiert gi mat Bilanen déi een ëmmer erëm an der Privatindustrie erëmfënnt. Dat ass eppes ganz aneschters wéi dat wat mir beim Stat respektiv bei de Gemengen erëmfannen. Do sinn déi Begrëffer déi optauchen, mat deem een oft näischt ze dinn huet, dat si Begrëffer wéi Charges de travail, Charges locatives, Etudes de recherche, do sinn Aktiven a Passiven. Do sinn aner Chargen déi mat dra kommen. Et ass u sech net einfach fir ze verstoe wann een esou e Bilan muss auserne huelen. Deen huet absolut näischt domat ze di mat där Comptabilitéit déi mir hei hunn. An ech denke schon, datt mer hei scho richteg waren an och dat ënnerstëtzt hunn, datt mer een erageholl hunn, en Expert erageholl hunn, deen eis kann an all deenen Applikatiounen déi mer an Zukunft wäerten hunn, wäert ënnerstëtzend wirken.

An et ass och noutwenneg, et ass och ganz noutwenneg fir eis alleguerten, datt mer déi Diskussioun eng Kéier féieren, well dat doten ass eréicht den Ufank. Ech ginn dovun aus, dass nach méi wäert op eis zoukommen an deem dote Beräich. An dann ass et och wäertvoll, dass mer alleguerten hei verstu vu wat mer schwätze wa mer op dee Wee vun de Finanze ginn, wa mer op de Wee vun Amortissementer ginn, wa mer op de Wee vun Investissementer ginn, well dat ass

wichtig fir d'Zukunft, och eleng schonn um Niveau vun engem Bilan deen een da presentéiert kritt, well dat ganz einfach an enger Diskussioun méi einfach ass wann een et versteet vu wat dass ee schwätzt.

Mir hunn awer nach eng Fro. An dat ass, wéi wäit dass mer sinn um Niveau vun eisen eegene Quellen? Ob mer nach amgaange sinn, dorëmmer ze kucke fir nach zousätzlech Quellen ze erschléissen, well dat och e wichtige Begrëff ass.

An dann hätt ech nach eng Bemierkung zu deem heiten, dat Waasser wat verluer geet, do ass mer gesot ginn dat wäert 7%, verhältnisméisseg wéineg par rapport zu aner Gemengen. Sinn ech jo awer nach der Meenung, dass bei eiselem Verbrauch, wat jo bal bei eng 1.900.000 oder bei bal 2 Milliounen Metercube läit, wat awer nach héich ass, a géif dann och de Schäfferot biede fir do eng Sensibiliséierungscampagne ze maachen, datt een op de Wee geet fir do de Recensement ze maache fir dat nach erof ze drécken. Doriwier eraus mengen ech, hate mer och an där Diskussioun am Juni schonn 2007 gesot, datt et och wichtig ass um Niveau vun de Schoulen, Sensibilisatioun ze maachen, fir dass een dann och de Kanner erkläert wéi wichtig dass et ass am Ëmgang mam Waasser, wat dach enorm wichtig ass.

Dat gesot, wat deen dote Punkt ubelaangt mat all deenen Ausféierungen déi ech elo gemaach hunn um Niveau vun der CSV, och um Niveau vun der Responsabilitéiten déi se hunn an deenen eenzelne Ministère, wäerte mir dat heite selbstverständlech matstëmmen. An ech géif och um nächstfolgende Punkt, dat heescht dee vun de Kompensatioun ganz kloer och eisen Accord ginn, och wa mer der Meenung sinn, datt et ni gutt ass, dass een engersäits op de Wee muss goe wou een d'Taxen aus iergendenger Ursaach erhéicht, muss erhéijen oder soll erhéijen, dat ass eng aner Fro. Mä et ass awer ëmmer gutt, dass déi manner Bemëttelt, an dësem Fall bei deenen dote Präisser, an dat si Bommepräisser déi elo do erauskommen, dass een deenen ënnert d'Äerm gräift, an dass een do versicht an enger éischter Phas dat ze ginn. An ech géif och dann d'Demande nach eng Kéier maachen hei an deem dote Kontext, well mer dat och an der Finanzkommissioun diskutéiert hunn, et muss een och higoen an den Inventaire maachen no engem Joer, an dann och kloer soen ob dat domat duergaangen ass, a wann et net domat

duergaangen ass, selbstverständlech dee Fonds de compensation an d'Luucht hiewen, dass en an eng Neutralitéit erafällt, wou d'Leit respektiv déi déi manner bemëttelt sinn, massiv mussen ënnert d'Äerm gegräff kréien. Deem gesot, wäerte mer och do eisen Accord zu deem dote ginn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Zwally. Mir kéimen dann nach zu den Häre Weidig a Wohlfarth.

Paul Weidig (LSAP): Den Här Weidig hält sech kuerz. Dräi Bemierkungen. Déi éischt ass, ech muss eigentlech dem Här Jaerling Recht ginn, dass d'Waasser wierklech e Grondrecht ass vun alle Mënschen, vu jiddwerengem, a mir gesinn dat, dass de Problem ëmmer méi grouss gëtt. An ech kéint mech och mat enger Léisung ufrënnen, wou géif gesot ginn, dass einfach 100 Liter pro Kapp pro Dag fräi wäeren. Oder souguer 150 Liter, dat ass de Grondbedarf wat jiddereen huet deen en "normaalt" Liewe féiert. Mä ech si mer awer och anerersäits bewosst, dass dat net ouni weideres duerchféierbar ass. Ech ginn och net an d'Detailer an ech huelen un, dass den Här Braz eis dorop wäert äntweren.

Déi zweet Bemierkung betrëfft déi Remarque vum Här Codello, wat den Ofbau vun der Autonomie communale ubelaangt. Effektiv verlagert de Stat d'Dépenses déi hien elo direkt hat, z.B. doduerch, dass hien 90% vun de Kläranlage subventionéiert huet, ob d'Gemengen. Hie mécht dat net méi, an iwwert d'Gemenge léist hie Suen anzéien fir säi Fonds de Gestion de l'Eau ze approvisionéieren. An dat ass ee vun deene ville Fäll wou mer wëssen, dass an der leschter Zäit de Stat versicht, ëmmer méi Missiounen un d'Gemeng ofzeginn ouni nei Ressourcen ze schafe fir se ze finanzéieren. Allgemeng kann ee feststellen, dass de Stat amgaang ass d'Autonomie Communale ze ënnergruemen. An ech kann den Här Codello berouegen, de Syvicol ass ganz sensibel op déi Saachen do. Mir hunn och en Avis zum Waassergesetz gemaach deen dorop hiweist a mir wäerten eis mat Hänn a mat Féiss dogéint wieren, dass de Stat ëmmer méi Prise op d'Gemenge kritt an dat ass manifestement d'lescht Zäit d'Tendenz. Mer kënnen a leschter Zäit ob d'Hëllef vum Staatsrot zielen deen ëmmer ëmmer d'Wichtigkeet vun der Gemengenautonomie evirhiewt.

Den drëtten Punkt ob deen ech wollt agoen ass d'Fuerderung vu Landgemengen flächendeckend am ganze Land en Eenheitspräis fir d'Waasser an d'Ofwaasser anzeféieren, also Solidaritéit landeswäit. D'Präisdifferenz entsteet well bei enger wéiniger dichter Bauweis d'Käschte vum Netz héich sinn an ob manner Verbrauch kënnen ëmgeluegt ginn. Dass dat net esou einfach ass wäert eis den Här Braz erklären. Wann awer vu solidareschem Verhale geschwat gëtt däerfen d'Leeschtinge vun deene grouse Gemengen an deene sozialen a kulturelle Beräicher net vergiess ginn, besonnesch bei der Reform vun den Gemeindefinanzen. Also, wann ech gelift, d'Solidaritéit an där enger Richtung, mä awer och Solidaritéit an déi aner Richtung dat wollt ech hei soen a Merci fir d'Nolauschteren.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Weidig. Eise leschten agedroene Riedner ass den Här Wohlfarth.

Everard Wohlfarth (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter. Ech menge mer sinn eis alleguerten eens heibannen, dass d'Waassergesetz wat Enn 2008 an der Chamber gestëmmt ginn ass, jo ouni Zweiwel e wichtegt Gesetz ass a souguer deemools vum Jean-Marie Halsdorf en personne als Jorhonnertgesetz bezeechent ginn ass. Duerfir mengen ech, dass net haut an hei Plaz wär fir dat Gesetz wat eben elo applicabel ass, ze diskutéieren, obschonn et net verbueden ass, dass eis Deputéiert Verbesserungsvirschléi mat op de Wee huelen, well et steet jo néierens geschriwwen, dass et verbueden ass, dass et net och nach kéint eng Revue à la baisse ginn.

Ech wëll soen, dass ech déi Debatten an der Chamber ganz interesséiert verfollegt hunn, eleng scho well ech an de Büro vum SIVIC an SES sinn, an domat och elo direkt konfrontéiert sinn. Et ware ganz engagéiert, konstruktiv a muenchmol souguer emotional regional Debatten, awer ganz wéiniger Riedner hunn d'Augmentatioun vum Präis u sech a Fro gestallt. Et ass sécherlech iwwert e gestaffelten, en harmoniséierten oder en Eenheitspräis diskutéiert ginn. Fakt ass, dass déi staatlech Taxe fir d'Notzung vum Waasser 10 Cent kascht de Fudder, 19 Cent Ofwaasser kascht. Datt an Zukunft de Präis vum Waasser no dem Käschtedeckung- an dem Verursaacherprinzip gerechent gëtt an dass déi staatlech Taxe prinzipiell fir all Bierger am Land déiselwecht soll sinn.

Et ass elo schonn e puermol ugeschwat ginn hei iwwert d'Autonomie communale, ech froe mech eigentlech wou se bliwwen ass. Mer kréie jo duerch dat Gesetz eigentlech, wou mir net dofir kënnen, massiv Taxenerhéijungen imposéiert mat ganz wéiniger Spillraum, wann iwwerhaapt. E ganz komplizéierten, detailléierte Formulaire ass un all d'Gemenge geschéckt ginn, un Hand vun deem dann de Waasserpräis gerechent ginn ass. Besonnesch culloéiert fannen ech et natierlech, wéi aner Riedner och heibannen, dass mir och elo nach mussen déi zwou separat Taxe fir de Stat andreiwen. 116 verschidde Waasserpräiser am Land si ganz schwéier ze verstoen an ech froe mech ob dat net d'Konkurrenz téschent de Gemengen oder de Regione wat d'Implantéiere vu Betriber ugeet, fördert.

Eng aner Fro déi sech och an deem Kontext opdrängt, ass, dass obwuel et eng Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv ass, et a ganz Europa aner Präisser gëtt. Mir leie jiddefalls an der Spëtzeveng. Dat soll verstoe wee wëll.

Perséinlech sinn ech fir e gestaffelte Waasserpräis deen allerdéngs, dass ass mir gesot gi vun eisen Techniker, dass dat aus techneschen Ursachen net ze realiséiere wär, mä et soll een d'Hoffnung jo ni opginn a weider op d'Evolutioun an der Technik hoffen. Iwwerens ass dat och d'Meenung vun der LSAP oder zumindest ass dat esou eriwuer komm wat de Riedner vun der LSAP an deenen Debatte gesot huet, an ech zitéiere ganz kuerz: „Si mir als LSAP der Meenung, dass wann een à terme ausgeet, eischtens vun der Aféierung vun engem gestaffelte Waasserpräis fir déi ze belounen déi Waasser spueren an déi ze sanctionnéieren déi d'Waasser verbëtzen, deen also der ekologescher an nohalteger Komponent Rechnung dréit, ass d'Zil nr 1 erreicht. Wann een zweetens vun der Aféierung vun enger zousätzlecher sozialer Komponent ausgeet wéi se jo am Artikel 43 vum Gesetz steet, fir deene sozialbenodee- legte Mënschen, op eng onkomplizéiert a fir si net emiddregend Manéier Zougang zu properem Waasser ze verschafen, wann een also déi zwee Fakte vum gestaffelten a soziale Waasserpräis viraussetze géif, asw.“ Fin de citation.

Eng drëtt Méiglechkeet ass awer och, an dat solle mer net vergiessen, dass ass den Ëmgang mat Waasser am alldeegleche Gebrauch. Och do erlaabt e responsablen Ëmgang ganz wesentlech Aspierungen ouni dass d'Hygiène do drënner zeréckstoe muss. An Däitschland

zum Beispill ass de Waasserverbrauch vun 2007 op 2008 ëm 27 Liter den Dag zeréckgaangen, wat jo och net näischt ass. Ech fannen et awer äusserst bedenklech, wann esou komesch Politiker deene Leit, déi net op der Sonnesäit vum Liewe stinn, par force wëllen arieden, dass si géifen heeschen oder biedele wa si eppes froen dat hinnen duerch d'Gesetz oder Reglementer legal zousteet. Am Iwwereng muss ee fir alles eng Demande maachen: e Prêt bei enger Bank, d'Kannergeld, d'Subsiden, Bauprimmen, Gratuité vum Transport public et j'en passe. Ech hoffen, dass kee sech vun esou béisswël- legen Aussoen influencéiere léist an dat fret a kritt wat him zousteet, ouni falsch Schimmt. Iwwerens hu mir jo schonn op aner Gebidder där Mesures compensatoires, déi net kontestéiert sinn a ganz ville Leit konkret Erliichterunge verschafen.

Mir wäerten dann elo haut déi massiv Taxenerhéijungen, ech denken alleguer schwéieren Häerzens, stëmmen, imposéiert duerch e Gesetz, wat nach muench Erklärunge schëlleg bleift, mä awer och eng Obligation de résultat huet, wat ee muss fairerweis dobäi soen. An dat Resultat soll jo eng Verbesserung oder Optimiséierung vun eise Waasser a Gewässer sinn, déi liewenswichtig Ressource, op déi jiddwereen ugewisen ass, déi jo och net fir näischt blot Gold genannt gëtt.

Ofschléissend wëll ech awer hoffen, dass dee Käschtedeckungsprinzip net op all oder aner Gemengeleeschtinge fir d'Bierger ausgedehnt gëtt. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Wohlfarth an och deene fënnf aneren déi vill a gutt Beiträg gemaach hunn. Ech géing proposéieren, dass den Här Braz eng Synthèse mécht a sengen Äntwerten an hie kritt och dofir direkt d'Wuert.

Schäfte Félix Braz (DÉI GRÉNG): Merci, Madame Buergermeeschter. Also selbstverständlech, doriwuer kann ee ganz laang diskutéieren a Villes soen, mä mir probéiere jo awer e bëssen dat kuerz ze maachen. Den Här Knaff huet eigentlech alles gesot. Den Här Knaff huet gesot, de Schäfte huet dat Beschta draus gemaach. An dat ass genau dat Gefill wat mir och hunn. Dass een, compte tenu vun all den Elementer déi et an deem Dossier gëtt, Här Baum, een awer hemo eng Décisioun muss huelen. Do kann ee laang philosophéieren a sech eng schéi Welt ausdenken ...

(Interruption par Monsieur Baum)

Ech äntweren lech elo, ech hunn lech nogelauschtert, Här Baum, ech äntweren lech och elo. Dat muss Dir dann och verdroen. Mä herno muss Dir awer eng Décisioun huelen, en Décisionsvorschlag op den Dësch leeën an dee muss Realitéit ginn. Wann d'Realiteit ufänkt, sinn déi grondsätzlech Afroestellungen eriwwer. Da muss een eppes maachen an net just iwwert eppes schwätzen. An ech denken, wéi den Här Knaff, dass de Schäfferot dat Bescht hei draus gemaach huet. Méi ass, mengen ech, effektiv am Résumé vläicht net ze soen.

Ech wëll awer trotzdem op zwou, dräi Froen, déi och gestallt gi sinn, kuerz agoen. Dem Här Zwally, dee jo mengen ech och déi Saach hei grondsätzlech ënnerstëtzt, och aus deene Grënn déi hien developpéiert huet, wëll ech awer just op eppes äntweren. Dat war jo esou eng kleng Kritik, dass mer et elo esou séier um Enn vum Joer mussen maachen. Dat ass an 116 Gemengen de Fall. An net well déi 116 Gemengen eppes falsch gemaach hunn. Wann dat elo esou spéit kënnt, Här Zwally, ass dat eenzeg an eleng an der Stad am Inneministère nozesichen. An hätt d'Chamber net am Oktober de Minister an d'Kommissioun geruff, datt hien endlech déi Tabellen do op den Dësch leet, well déi déi do um Internet elo sinn, déi waren net verfügbar. A mir hätten och gär offiziell Circulären als Gemenge gehat fir kënnen déi Berechnung ze maachen. Dat ass leider eréischt am November komm. Dat heescht, wann do dat hei elo um Enn vum Joer muss gemaach ginn, amplaz am November oder Oktober, ... mir hätten et och léiwer mat méi Sputt gemaach. Dat ass awer ganz kloer am Inneministère wou do sech méi laang Zäit geholl ginn ass. Ech soen net, dass et unni Grond war, mä ech stellen et just fest, gell. Dat ass sécher net hei zu Esch wou ze laang gewaart gi war, mat Sécherheet net.

Dann hutt Dir och d'Waasserqualitéit ugesch-nidden. An den Här Codello och, den Här Weidig och. Also, och do wëlle mer als Schäfferot ënnersträchen, déi Qualitéit déi mir hunn an eisem Reseau ass eng exzellent, souwuel beim Transport wéi bei der Qualitéit vum Waasser selwer. Zënter dem Joer 2000 wou mer am Reseau nach Fuiten haten déi plazeweis iwwer 30% louchen, Déperditoun, Fuiten am Reseau, ondicht Plazen am Reseau. Mir leie mëttlerweil no 9 Joer haarträckeg Investitioune bei nach ganzer 7% Déperditoun. Domat si mer fir d'Waasserwirtschaft-

samt virbildlech. Top am Land. Mat nëmme 7%. Mir sinn awer bei iwwer 30 fortgaange virun 9 Joer. Ech wëll dat just soen. Dat sinn héich Investitioune, déi dann natierlech och sech am Waasserpräis haut erëmfannen. Hätte mer 9 Joer laang näischt am Reseau investéiert, dann hätte mer och elo en anere Déperditounen déi misste mat finanzéiert ginn. Mä mir hunn eng exzellent Qualitéit beim Reseau.

Mir hunn och eng exzellent Qualitéit beim Waasser selwer duerch d'Investitioune déi mer an der Buerung Weise gemaach hunn. Déi mer erneiert hunn. An doduerch, dass mer eis Pompelstatioun komplett erneiert hunn op deen allerleschte Stand vun den Norme bruecht hunn. Mat UV-Bestrahlung, mat Mikrofiltratioun an esou weider. Dat alles si Milliouneninvestitioune, déi et eis als Schäfferot haut erlaben ze soe mir hu vum Transportwee zu Esch a vun der Waasseropbereitung haut déi beschte Situatioun déi een technologesch am Land kann hunn. Dat ass de Fall. An 2010 wäerte mer eis och nach mat der Buerung Hiehl intensiv beschäftege fir déi och nach op den Niveau ze kréie vun der Buerung Weisen an da si mer bäi. Esou vill zur Waasserqualitéit.

Da sinn och Saache gesot ginn am Kontext mat gestaffelte Waasserpräisser. Den Här Wohlfarth ass drop agaangen, den Här Weidig och, den Här Baum, och den Här Jaerling. Do muss ee sech awer eens si wat dat heescht, gestaffelt Waasserpräisser. Wéi staffele mer déi? Wéi den Här Wohlfarth et proposéiert huet, wou den Här Baum mam Kapp grouss Jo gewonk huet, obwuel et de Konträr ass, vun deem wat Dir vidru gesot hutt. Wat den Här Wohlfarth do zitéiert huet aus den Debatte vun der Chamber, dat si gestaffelt Waasserpräisser reng nom Verbrauch, wou mer dann eis eens ginn, déi déi vill verbrache solle vill bezuelen. Do ass null sozial Komponent dran. Null. Null. Well do gëtt net gesot, ee Moment ech kommen och nach zu lech, Här Baum, an deem Modell ass wuel eng Verbraucherkomponent dran, mä keng sozial. Sou. Do hutt Dir awer grouss Jo gewonk mam Kapp. Ech wëll dee Modell net, well deen ass sozial total ongerecht. Nee, ech soen et just, Här Baum, da wësst Dir et. Dir hutt dann awer och nach proposéiert, dass Dir wëllt sozial Staffellung maache bei de Präisser. Eng sozial Staffellung bei de Präisser. Komm mir schwätzen och eng Sekonn doriwwer. Wat heescht dat? Kléngt wonnerbar gutt. Mä wat heescht dat, sozial

Staffellung? Mir sinn eis jo eens, mir hunn e Gesetz wat seet, in globo muss d'Waasser käschtedeckend bei der Gemeng erakommen. Ok? Sou. Wa mer dann eng Sozialstaffellung maache vun de Präisser, eng Sozialstaffellung da misste mer jo theoretesch higoen a soen, vu dass et insgesamt 100% mussen erakommen, da mussen mer jo deenen deene mer wëllen d'Waasser verbëllegt ginn, dat sinn dann déi déi Dir wëllt verdeedegen, deene gi mer et da verbëllegt. Da mussen mer et also deenen anere verdeiert ginn. Bien entendu, Här Baum. Da mussen mer deenen aneren et verdeiert ginn, well insgesamt ...

(Interruption par Monsieur Baum)

Nee, Här Baum, ech äntweren lech. Wa mer 100 Leit hunn, déi zesumme mussen 100 Euro an d'Deppe bréngen, da gëtt entweder jiddwereen 1 Euro oder mir soen deenen ënnegeen 10% Dir bréngt en hallwen Euro, da mussen déi aner 90% alleguerde méi wéi een Euro erabréngen. Dat heescht am Kloertext, da géinge mer e groussen Deel vun de Leit méi bezuelen doen, wéi dat wat se reell verbrauchen. Méi bezuele wéi dat wat se reell verbrauchen. Dat geet definitiv net. Oder mir subventionéieren en Deel, mir soen nee, nee, jiddwereen bezilt just dat wat hie verbraucht an deenen anere gi mer et méi bëlleg. Mä da si mer erëm amgang ze subventionéieren an dat däre mer net, Här Baum. Duerfir, dat do kléngt wuel ganz gutt, mä dat do gëtt et net wat Dir do gesot hutt. Deen do Modell n'existe pas.

An eng zweet Remarque, well et een awer e bëssen iergert, wann ee sech et esou einfach ka maachen. Ech hunn lech och ganz opmierksam nogelauschtert. Wou mer eis erëmfonnt hunn, Här Baum, dat war wou Dir erëm ugefaangen hutt ze erkläre wou mer misste méi Suen ausginn. Ech si ganz domat d'accord, dass een op enger Rei vu Plaze méi muss ausginn. Mä Dir sidd awer ni an där Debatt present wann et drëm geet ze erkläre wou déi Suen dann och sollen hierkommen, déi um Enn mer do sollen ausginn. Do si mer awer dann, wéi soll ech dat soen, an enger liichter Astellung an enger méi liichter Astellung wéi einfach, wéi gesot Suen ausginn, do huet jiddwereen genuch Ideeën. Dass awer och Sue mussen iergendwou an d'Deppe kommen déi mer ausginn, dat ass eng aner Debatt.

An dann, eng lescht Remarque dozou, et soll een awer och net maachen, déi Ëmverdeelung déi den Här Jaerling och "heesche" genannt huet, do huet den Här Wohlfarth ganz recht, mir schafe Rechter. Heesche war fréier. Do hunn d'Leit misste biedele goen, Iwwerzeegungsaarbecht leeschte bei dësem oder deem. Haut hu mer als éischt Gemeng am Land e Modell geschafen, dat huet den Här Wohlfarth ganz richteg ënnerstrach, wou mer Rechter, ... déi Leit hunn dat Recht op déi Suen. Déi ginn näischt heeschen. Dat steet hinnen zou. Dat si Bierger déi Rechter hunn! An ech mengen dorop solle mer och houfreg sinn, dass mer dat esou organiséiert hunn, dass een net muss biedele goen zu Esch, mä dass ee kloer Rechter huet déi ee kann akloen a wou een net muss iergendengem nolafen, dass deen engem eventuell hëllef. Dat ass eng aner sozial Philosophie wéi déi vum Biedelen déi vläicht op anere Plaze existéiert, mä hei mat Sécherheet och net.

Dann, den Här Weidig hat och nach eng ähnlech Remarque gemaach mat der Idee fir vläicht ze soe komm mir gi jiddwerengem e fräie Grondbetrag vun 100 Liter den Dag pro Kapp. Mä och do muss een awer soen, dat ass intellektuell lackeleg dee Modell, mä wann ee seet, et gétt ee jiddwerengem au départ 100 Liter pro Dag fir näischt, da muss ee sech bewusst sinn, vu dass et insgesamt käsch-tendeckend muss sinn, dass déi nächst Literen dann net méi fir 4 Euro ze kréie sinn, mä da sinn déi fir 15 Euro ze kréien. Well ënnert dem Stréch muss all Metercube deen iergendwou ee verbraucht, mat 4,91 Euro an der Gemengekeess ukommen. Dofir, egal wéi een dat staffelt, ënnert dem Stréch ass et ëmmer 4,91 Euro de Metercube. Dat ännert alles näischt un der Debatt. Dat eenzegt wat eppes ännert, dat ass, dass ee mat sozialpoliteschen Instrumenter Sozialpolitik bedreift an do hëllef wou et gebraucht gétt. Dat ass dat wat mer maachen a mir mengen och, dass dat dofir richteg ass.

Zwou lescht Remarquë fir den Här Codello, deen zwou richteg Froe gestallt huet. Wou komme mer iwwerhaupt un déi Präisser, mat der Comptabilité analytique? Éischtens hale mer eis wéi gesot un déi Tabell vum Intérieur, do hu mer net vill Sputt. A mir hunn, well mer déi Comptabilité analytique nach net hunn, hu mer et hei misste maache wéi mer et schonn 2006 gemaach hunn, och beim Offall, wéi mer et bei den Netzkäschte vum Wierk ëmmer mussen maachen. Do mussen da Leit sech händeg, op der Hand ameséiere

während Deeg a Wochen eenzel Zuelen eraus ze schreiwen, ze ventiléieren, ze proratiséieren, eng Aarbecht déi wa mer eng Kéier deen Outil informatique bis hunn, op Knäppche ka geschéien. A mer wëssen och, dass eisen neien Economist wou mer jo als Schäfferot frou sinn, wann hien esou eng breet Ënnerstützung am Conseil huet fir seng Aarbecht, eisen neien Economist ass awer eréischt e puer Méint do, an deene Méint war hien zu 99% mam Budget beschäftegt, deen dann elo de Moie vun der Buergermeeschtesch virgestallt ginn ass, duerfir komm mir loossen him seng Chance sech un där doter Aufgab elo no der Budgetsdebatt kënnen unzehuelen. Mä Dir hutt recht, Här Codello, deen Outil ass deen dee mer brauchen an deen och eisen Economist wäert maassgeblech opbauen, well déi Wahnsinnsaarbecht fir et op der Hand auszerechnen, op déi kënnen mer alleguerte mengen ech, gäre verzichten.

Dann hat Dir nach eng Fro gestallt iwwert eisen eegene Verbrauch. Zum Beispill bei de Bains municipaux, ob do den Tarif géing an d'Luucht goen. Dat ass eng Fro déi ech haut net ka beäntweren. Ech mengen och net de Ressortschäffen, den Här Hinterscheid, dat haut ka beäntweren. Mir mussen kucke wéi dat sech am Präis vun der Schwämm schlussendlech niddere schléit. Wat ech lech awer ka soen, Här Codello, ass, mir hu bis elo als Stad Esch eis et och e bësse liicht gemaach. Mir hunn zum Beispill dat Waasser wat mir selwer verbrauchen, dozou gehéiert dat vun der Schwämm, hu mer bezuelt mat 0,5 Euro de Metercube. Mir mengen, an dat hu mir och dofir proposéiert an de Vote mat eran ze huelen, dass et de Minimum ass, dass dat wat mir als Gemeng selwer bei der SES, oder SEBES indirekt, mussen bezuelen, +/- 1 Euro, dass mer dat zumindest och als Gemeng solle selwer bezuelen, dass also net d'Escher Leit en Deel vum kommunale Verbrauch mat subventionéieren. Duerfir gi mer och elo erop vun engem hallwen Euro de Metercube op 1 Euro de Metercube. Dat ass dee Präis deen d'Waasser eis kascht wa mer et eranhuelen. Ouni elo d'Netzkäschten. Dat wäert d'Gemeng och iwwert de kommunale Budget an Zukunft selwer droen. Mir hunn also och do en Deel vun de Käschten déi fréier vun de Leit, déi eigentlech elo an der Käschtendeckung misste fir d'Leit dra sinn, hu mer en Deel eraus doduerch geholl, dass mer als Gemeng endlech elo dee richtege Präis bezuele fir dat Waasser wat mir selwer verbrauchen an net méi dee subventionéierte

Präis dee mer ëmmer eis selwer verrechent hunn, vun engem hallwen Euro de Metercube. Dat, mengen ech, ass och richteg wat mer do maachen, och wann dat iwwert de Budget elo eng kleng Méibelaaschtung duerstellt. Mä dat hu mer awer aus der Berechnung vun de Leit duerfir eraus kritt an et gétt jo kee Grond, dass d'Leit dat wat mir verbrauchen, subventionéiere mussen matbezuelen. Dat hunn ech virdrun net erwähnt, mä ech mengen, dass dat awer ganz richteg ass an och eng Fro op Är Äntwert.

Bon, mat all deenen dote Remarquen, ajo pardon, d'Recettë mam Budget, do hat Dir och nach eng Fro gestallt, Här Codello. D'Äntwert ass, dat hu mer selbstverständlech separat opgeléicht. Wuel net bei de Recetten. D'Recetten hu mer am Budgetsposte wou d'Recetten iwwert d'Waasser erakommen, en Bloc drann. Mä wann Dir bei den Dépensë kuckt, do ass dat wat un de Stat ofgefouert muss ginn, op engem separate Posten ofgefouert ginn. Dat hu mer do scho propper ventiléiert. Et wär nach viles ze soen, mä ech soen lech mol Merci fir all déi dote Bäitrag an hoffen, dass mer alleguerten déi Tariffer kënnen esou upasse wéi d'DP et beschriwwen huet, datt mer dat Bescht draus gemaach hunn.

Ech soen lech Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

Merci, Här Braz fir déi vill Explikatiounen. Wann Dir dann d'accord sidd, da géinge mer hannereen déi zwee Vote huelen. Fir d'éischt de Punkt 9, de Règlement taxe. Au vote.

Conseillers présents:

*M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker
– M. Félix Braz – M. Daniel Codello –
Mme Mady Hannen – Mme Annette
Hildgen – M. Henri Hinterscheid –
M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Naff
– Mme Lydia Mutsch – M. Jean
Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard
Wohlfarth – M. André Zwally*

*Le Conseil Communal décide par 12
voix oui et 2 voix non les taxes, tarifs,
prix et redevances communaux
adaptés et refixés conformément au
relevé ci-après:*

10. Règlement relatif à l'introduction d'une allocation de compensation à la consommation: adaptation; décision

Nr. c t r.	Désignation de la taxe	Taxe
C	Service des Eaux	
C.1.	Prix de l'eau	
C.1.1.	WCA – Tarif m ³ particulier	2,44 €/m ³
C.1.2.	WCC – Tarif m ³ Services communaux	1,00 €/m ³
C.1.3.	WNO – Tarif m ³ particulier sans taxe canal	2,44 €/m ³
C.2.	Taxes de raccordement	
C.2.1.	2,5 m ³ /h	980,00 €
C.2.2.	6 m ³ /h	1 385,00 €
C.2.3.	10 m ³ /h	1 480,00 €
C.2.4.	15 m ³ /h	2 920,00 €
C.2.5.	25 m ³ /h	3 600,00 €
C.2.6.	60 m ³ /h	3 750,00 €
C.3.	Fournitures temporaires	
C.3.1.	Montage et démontage d'un raccordement temporaire usager général	500,00 €
C.3.2.	Raccordement forains, festivités, etc.	40,00 €
C.3.3.	Location des bouches d'eau mobile / mois	6,00 €/mois
C.4.	Equipements de mesure	
C.4.1.	Redev. fixe mensuelle eau Compteur 2,5 m ³ /h	0,83 €/mois
C.4.2.	Redev. fixe mensuelle eau Compteur 6 m ³ /h	2,50 €/mois
C.4.3.	Redev. fixe mensuelle eau Compteur 10 m ³ /h	16,67 €/mois
C.4.4.	Redev. fixe mensuelle eau Compteur combiné 15 m ³ /h	25,00 €/mois
C.4.5.	Redev. fixe mensuelle eau Compteur combiné 40 m ³ /h	33,33 €/mois
C.4.6.	Redev. fixe mensuelle eau Compteur combiné 60 m ³ /h	41,67 €/mois
C.4.7.	Redev. fixe mensuelle eau Compteur combiné 150 m ³ /h	83,33 €/mois
C.4.8.	Etalonnage d'un compteur d'eau	82,70 €/mois
C.5.	Dépôt de cautionnement	
C.5.1.	Caution location d'une bouche d'eau mobile	500,00 €/mois
C.6.	Tarifs divers – Service des Eaux	
C.6.1.	Heure de monteur	40,00 €/heure
C.6.2.	Heure de chef de réseau	60,00 €/heure
C.6.3.	Heure de chef de service	80,00 €/heure
C.6.4.	Heure de camionnette	10,00 €/heure
C.6.5.	Heure de camion-grue ou engins spéciaux	40,00 €/heure
C.6.6.	Intervention urgente	82,70 €/heure
C.6.7.	Suppression d'office de la fourniture	100,00 €/heure
C.6.8.	Restitution de la fourniture	100,00 €/heure
E	DEPARTEMENT DES TRAVAUX MUNICIPAUX	
E.3.	Taxe d'évacuation des eaux usées et taxe de curage de canalisations	
E.3.1.	Redev. variable pour eaux usées	2,47 €/m ³
Rem. Toutes les taxes non-spécifiées par la présente ne sont ni modifiées, ni abrogées		

Ont voté oui: Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Braz, Hinterscheid et Tonnar ainsi que les conseillers Becker, Codello, Hannen, Hildgen, Knaff, Weidig, Wohlfarth et Zwally. Ont voté non: les conseillers Baum et Jaerling.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal décide par 12 voix oui et 2 abstentions le règlement relatif à l'introduction d'une allocation de compensation à la consommation.

Ont voté oui: Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Braz, Hinterscheid et Tonnar ainsi que les conseillers Becker, Codello, Hannen, Hildgen, Knaff, Weidig, Wohlfarth et Zwally. Les conseillers Baum et Jaerling se sont abstenus.

D'Abstention wëllt den Här Jaerling nach begrënnen.

Aly Jaerling (Indépendant): Jo, Madame Buergermeeschter, Dir musst mech entschëllegen, ech hat wéi ech geschwat hunn, net matkrit, dass mer déi zwou Saache mateneen diskutéieren. Soss hätt ech lech do scho kënne soen, ech sinn net dergéint dass d'Leit solle Kompensatioune kréien, mä ech hunn e Problem domat, an dat ass mat där Condition de résidence. Well ech einfach net agesi wisou dass een hei bei sozialen Hëllefeng Condition de résidence muss abauen. Wa Leit op Esch wunne kommen a si sinn hei ageschriwwen, da wunne se hei an da soll ee behandelt gi wéi deen aneren. Dat sinn Awunner vun Esch an hei steet eng Condition de résidence a wou dann nach gekuckt gëtt ob een ...

(Discussion générale)

Ma nee, hei lauschtert mol, mä wou si mer dann, entweder mir si sozial oder mer sinn et net. Dir wäert dach elo net mengen, dass ee wéinst deene puer Frang do elo hei op Esch

wunne kënnt. Dofir soen ech, ech enthalte mech hei well ech net mat där Condition de résidence do averstane sinn, well dat net sozial ass.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Jo, mir hunn Är Enthaltung verstanen. Här Baum.

Marc Baum (DÉI LÉNK): Just ganz kuerz. Ech hu jo virdru duergeluecht datt ech mat deem Prinzip net averstane sinn, ech wäert awer och net dergéint stëmmen, datt déi Sozialkompensatioun un déi Leit soll ausbezuelt ginn, quitte datt et fir déi Leit nawell eng Augmentatioun bedeit.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Gutt, Merci, Här Baum.

11. Crédit spécial, décision

Mir kéimen dann zum Crédit spécial deen erkläert eis de Ressortschäffen.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): De Crédit spécial dee mer haut hei virleien hunn, ass de Kredit dee mer mussen an de Budget aschreiwen, dëst Joer nach an de Budget rectificé, fir déi Investitioune déi d'Südstroum fir dat zweet Semester gemaach huet fir d'Gemeng. Dat ass elo nach net, dass dat direkt ausbezuelt gëtt, mä mer mussen well d'Investitioune sech op dëst Joer bezéien, de Kredit och nach fir dëst Joer aschreiwen an da kënnt am Januar, wann d'Rechnung dann definitiv kënnt, gëtt se am Detail kontrolléiert, ier se ausbezuelt gëtt. Wann Dir am Detail de Budget rectificé gekuckt hutt, gesitt Dir genau deeselwechte Montant och schonn am Budget rectificé stoen, mä mir mussen e Crédit spécial stëmmen, ier mer en dann definitiv och am Budget rectificé stëmme kënnen.

Schäfte Félix Braz (DÉI GRÉNG): Wa keng Wuertmeldung sinn, au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Pierre-Marc Knaff – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal décide par 9 voix oui et 1 abstention le crédit spécial au montant de € 1.124.359,77 pour le remboursement des frais d'investissement réa-

lisés par Südstroum au réseau d'électricité de la Ville d'Esch-sur-Alzette en 2008.

Ont voté oui: les échevins Braz, Hinterscheid et Tonnar ainsi que les conseillers Becker, Codello, Hannen, Knaff, Weidig et Zwally. Le conseiller Baum s'est abstenu.

Deen nächste Punkt, och den Här Hinterscheid. Entschëllegt, Här Baum, Dir wollt d'Abstention begrënnen, pardon.

Marc Baum (DÉI LÉNK): Jo, et ass eng Abstention aus formale Grënn. Mir hu virun, am virleschte Gemengerot eng Motioun votéiert, datt de Bilan vu Südstroum soll de Gemengeréit zougestallt ginn. Dat ass bis elo net geschitt an duerfir wëll ech keng weider Voten zur Südstroum, oder gesinn ech mech net an der Lag weider Voten zu Südstroum ze huelen esou laang an déi Dunkelkammer net e bësse Luucht era komm ass.

Schäfte Félix Braz (DÉI GRÉNG): Ech muss dat awer e bësse korrigéieren. Mir haten net gesot mir géinge se zoukomme loossen. Mir hate gesot, mir géingen eng Kéier eng Reunioun zesumme maachen, wou mer eis all géinge beienee sëtzen, fir dass wierklech kënnen all Zuelen erkläert ginn. Mir maachen dat och selbstverständlech. Wat de Vote betrëfft, Dir hutt bei der Südstroum ëmmer mat Nee gestëmmt, duerfir géing dat net schrecklech vill änneren. Mä Dir hutt awer recht, mir mussen eist Verspriechen aléisen a mir wäerten dat och um Ufank vum Joer maachen.

Här Hinterscheid fir deen nächste Punkt.

12. Ecole en forêt: taxe de location; décision

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Mir hunn d'Proposition fir d'Taxe de location an der Waldschoul ze adaptéieren. Notamment wann d'Waldschoul vu friemen Associatioune a vu Particuliere gelount gëtt. Et war ee Moment eng Diskussioun fir d'Waldschoul iwwerhaupt net méi ze verlounen. Et ass lo d'lescht Zäit vill méi oft virkomm, dass mer, wa mer Manifestatioune vu privater Natur an der Waldschoul haten, dass et dann heiansdo den aneren Dag net esou ausgesinn huet wéi et sollt ausgesinn. An duerfir proposéiere mer déi Taxe do ze hiewen op deen Niveau vun 250

13. Autorisation d'ester en justice: non paiement de loyer; décision

Euro Location par jour an Travaux de nettoyage compris fir einfach déi Diskussiounen net méi ze hunn. Wann en Organisateur sech formal engagéiert dat selwer ze botzen, an dass et Méindes moies, wann d'Schoul dorobber geet, respektiv wa se Samschdes lount, Sonndes moies deen nächsten Organisateur kënnt, propper ass, da kann hien eng Remise vun 20% kréien, wann hien alles selwer botzt. An de Jeton fir de Chauffage ass dann och op 5 Euro festgeluegt.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote. Nee, den Här Weidig hat sech gemellt.

Paul Weidig (LSAP): Ech hunn eng Remarque zu där Taxe do. Dat eent ass, ech fannen et ganz gutt, dass mer hei eng ordentlech Taxe froen, natierlech an der Voraussetzung, dass déi Suen déi do erakommen awer och wierklech an d'Waldschoul investéiert ginn. An da muss mer dofir suergen, dass mer d' Spawecker ewech kréie vun de Fënstere wann eng Hochzäit oder iergendeen Eventement ass, wou d'Leit wëlle feieren. Dat fannen ech wierklech eng gutt Idee.

Mä déi zweet Remarque déi ech hunn ass déi, mir sollten alle Problemer aus de Wee goen an déi Remise vun 20%, wann ee selwer botzt, mat an de Präis eranhuelen. Wéi wäit ass et propper? Wéi wäit ass et net propper? Déi Diskussioun kënne mer eis spuere wa vun der Gemeng gebotzt gëtt. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Weidig. Dann äntwert den Här Hinterscheid.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Also, Här Weidig, mir hunn eis déi do Reflexioun och gemaach fir ze soen, bréngt dat net awer déiselwecht Problemer an der Zukunft mat där Remise wann d'Leit sech engagéiere selwer ze botzen. Mir wollten awer mol, well mer awer och en Deel seriös Associatiounen hunn, e gewëssene Vertrauensvirschoss notamment un eis Associatiounen ginn, déi dat dann awer kënnen organiséieren. Wa mer sollte feststellen, contre toute attente, dass dat awer näischt ännert, da gi mer deen anere Wee. Mir hunn och gesot, dass déi wou moies constatéiert gëtt dass net anstänneg gebotzt ass, da selbstverständlech d'Remise net kréie wa mir müssen nobotze goen. Mä mir ginn awer dovun aus, dass de Gros, virun allem am associative Beräich dat seriös mëcht.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les taxes de location de l'école en forêt pour associations, sociétés et particuliers adaptées et refixées.

13. Autorisation d'ester en justice: non paiement de loyer; décision

Sou, mir kéimen da bei de Punkt 13. Do froen mer eng Autorisation d'ester en justice fir den Non-paiement vun engem Loyer. Au vote.

Conseillers présents:

M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal décide à l'unanimité d'autoriser le collègue des bourgmestre et échevins à représenter l'administration communale en justice devant les tribunaux pour régler le litige l'opposant à Madame Monika Felten.

14. Contrats de bail; décision

Ech géif lech da proposéieren en absence vun der Ressortschäffin och de Contrats de bail Är Zoustëmmung ze ginn esou wéi se lech hei virleien. Et ass an dësem Fall nëmmen een.

Conseillers présents:

M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Jean

Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le contrat de bail.

15. Subsidés ordinaires; décision

16. Subsidés extraordinaires; décision

Ech géing lech da proposéieren d'Punkte 15 a 16 gemeinsam ze betruechten. Et sinn zum engen d'Subsidés ordinaires fir 2009 an zum anere sinn et Subsidés extraordinaires. Dir wësst, dass mer eis bei de Subsidés extraordinaires op eng Viraarbecht baséiere vun enger Kommissioun déi zu eiser vollster Zufriedenheet schafft.

Mir hunn dann och nach eng Demande virleien vun der Harmonie municipale fir de Remboursement vun de Frais d'inscription vum Conservatoire de musique. Dat kenne mer. An ech mengen dat wier et och schonn. Wann Dir d'accord sidd fir déi Vote gemeinsam ze huelen.

Conseillers présents:

M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve d'accorder aux associations énumérées ci-après le subsidé ordinaire pour l'exercice 2009.

Conseillers présents:

M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve d'accorder les subsidés extraordinaires suivants:

Nom de l'association	Concerne	Montant
Harmonie municipale Esch	Remboursement frais d'inscription	5.425.- €
Tennis Club Esch	75 ^e anniversaire	5.000.- €
Harmonie municipale Esch	Location Conservatoire Luxembourg	5.517.- €
Handball Esch	Coupe d'Europe 2009	5.000.- €
I.V. Cité verte	30e anniversaire	250.- €
Stëmm vun der Strooss	Fête de Noël	500.- €
Chorale municipale Uelzecht	Concert de Gala	1.500.- €
SESOP	Pièce de théâtre	250.- €
Fédération Aéronautique	Centenaire	500.- €

17. Impôt foncier: relevé et rôle principal pour l'exercice 2009; décision

Mir hunn da Punkt 17 d'Nachzügler vum Impôt foncier. Dat ass de Relevé rôle principal fir 2009. E Gesamtmontant vu ronn 2 Milliounen. Au vote.

Conseillers présents:

M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal décide à l'unanimité d'approuver le relevé et rôle principal de l'impôt foncier pour l'exercice 2009 au montant de € 2.016.107,50.

18. Transactions immobilières; décision

Mir këimen da bei d'Transactions immobilières, déi ginn haut vun eisem Bauteschäfte presentéiert.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): D'Transactions immobilières, et sinn der u sech véier. Déi éischt an déi zweet hänken zesummen. Dat ass e Redressement vun dem Domaine public an dem Domaine privé vun der Gemeng fir d'Voiirie kënnen endlech richteg ze traitéieren. Dass d'Terrainssituatioun der

Realitéit vun der Voirie entsprécht. De Punkt 1 ass Changement de nature vun 10 Parzellen an der Cité Louis Blum. An dat zweet ass dann de Bail emphytéotique deen do drun hänkt.

Dat drëtt ass en Acte de cession wou mer en Terrain vun 1,2 ca kréien an der rue de Bergem à titre gratuit. Dat ass och fir e Redressement vun der Voirie publique.

An dee véierten, dat ass en Acte d'acquisition deen awer net e rengen administrativen ass, mä dat ass eng Parzell déi an der Bieleser Strooss läit, awer méi schonn zur Brouchsoul, dat ass do wou d'Hexenhaische wéi mer dat genannt hunn, hannen drop stoung. Do demiewent ass en Terrain vague. Deen hate mer schonn eng Kéier échangéiert. Do ass dat hemo gekippt gi wéinst Formalien. Mir sinn elo mat där Firma MF-Lux eens gi fir dee Präis vu 26.800 fir 2,68 Ar a wa mer déi Parzell hunn déi zimlech enclavéiert läit, dofir konnte se net vill méi erausschloen. Fir eis awer immens wichtig ass well mer domat kënnen d'Extenssioun vun der Brouchsoul an eventuell vun der Structure d'accueil déi hannendru läit, weiderféieren.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote. Entschëllegt, den Här Jaerling hat sech gemellt.

Aly Jaerling (Indépendant): Ech hunn eng Fro wat déi Bails emphytéotiques ubelaangt. Dat heescht, do kréien d'Leit jo am Fong fir 50 Joer en Terrain zu 40 Euro de Mount verlount. Awer de Problem deen ech hunn, dat ass, déi

kréien dee jo fir eng Garage ze bauen. Ass dat elo uniquement fir eng Garage ze bauen? Oder wann déi Leit elo zum Beispill doraus eng Stellplaz maache fir Autoen, a se verloune se, ech wär der Meenung dass esou Bails emphytéotiques missten ausgestallt ginn, dass dat awer nëmmen zum Eegebedarf dierf sinn. Wa se vun der Gemeng eppes zu deem bëllege Präis zur Verfügung gestallt kréien, dass se da kee Geschäft dierfen draus maachen. Dat ass meng Fro. Ass dat hei elo geduecht, dee Bail emphytéotique, nëmme fir Garagen zum Eegebedarf oder kënnen se dorausser och op deem Terrain, well en hinne jo während deene 50 Joer gehéiert, a kee sech do kann amëschen, kënnen se och aner Aktivitéiten do drop maachen? Dat ass meng Fro.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Also de Bail emphytéotique seet kloer, dass et ass fir Garagen. Dat heescht, et kann een net eppes anescht drop maachen. Et kann een net, ech soen dat elo plakativ, eng Frittebud eventuell drop setzen. Et ass ganz kloer fir Garagen. Wéi wäit dass de Bail emphytéotique ka soen et d'äerf een déi Garage eventuell net verlounen un en Drëtten, ech mengen, dass dat net esou liicht méiglech ass, well dat widdersprécht dem Sënn vun der Emphytéose. D'Emphytéose ass jo d'Iwwergang vun engem Droit d'utilisation vun engem Terrain un en Drëtten, ouni dass een den Droit de propriété définitiv opgëtt. Ech mengen och net, dass do de Risiko ass, dass déi Leit do e Commerce mat deene Garage maachen. Déi brauchen hir Garagen dréngend, well an der Cité Louis Blum ass dat schonn eng zimlech beengte Situatioun an do stinn och scho Garagen drop. Ech weess net, ob do net en Einzelne seng

19. Plan de gestion des forêts pour l'exercice 2010; décision

verlout huet wann e vläicht keen Auto méi huet, mä bon, dat, mengen ech, kënne mer och net verbidden, well déi Emphytéose do, déi huet scho bestanen an déi gëtt elo just adaptéiert.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Au vote.

Conseillers présents:

*M. Marc Baum – M. Félix Braz –
Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen –
M. Henri Hinterscheid –
M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff –
Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar –
M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth –
M. André Zwally*

Le Conseil Communal décide à l'unanimité d'approuver les transactions immobilières.

19. Plan de gestion des forêts pour l'exercice 2010; décision

Sou, da kënnt eisen Echevin aux champs et forêts mat eisem Plan de gestion.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter, Dir huet mäi Ressort net seriös. Ech ginn elo bal rosen. Dir hutt och Recht en net seriös ze huelen, well Dir gesitt, et ass nach ëmmer déficitaire. All Joer soen ech, de Bësch ass eppes Schéines, mä et ass awer och schéin déficitaire. An ech wier mol frou wann d'Präisser vum Holz esou géifen an d'Luucht goe wéi déi vum Waasser. Esou dass ech dann awer lech géif bieden, en attendant dass dat nach net de Fall ass, fir deen hei Budget ze stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
Madame Hildgen.

